



Also ech sinn der Meenung, dass dëst e ganz wichtige Meilesteen ass an der Familljepolitik. Et ass eng Familljepolitik fir d'Leit. Et ass eng Familljepolitik fir d'Elteren. An et ass virun allem eng Familljepolitik, déi nom Besoin vun de Kanner kuckt.

A mir fuere virun an deem Prozess, well et sinn nach aner Gesetzer um Instanzewee: Congé extraordinaire, Congé pour raisons familiales, d'Congé d'allaitement. An ech mengen, dass et wichteg ass, dass een d'Sensibiliséierungs-aarbecht weidermécht, dass een d'Patrone sensibiliséiert, dass een och seet: „Okay, Dir musst jo net dee flexibele Congé parental accordéieren.“

Mä ech bleiwen iwwerzeegt dervun, dass dee flexibele Congé parental fir d'Patronen extrem interessant wäert sinn, op d'mannst esou interessant wéi fir hir Salariéen. A mir wëssen alleguer, dass, wann d'Salariéen zefridde sinn, da funktionéiert d'Entreprise natierlech och vill besser. Et ass immens wichteg, dass d'Leit kënnen d'Berufsliewen an d'Privatliewen, d'Familljeliewe matenee kombinéieren.

An ech géif net wëllen ophalen hei, Här President, ouni awer nach ze zielen, dass, wéi ech 2009 Membre élu gouf vun der Chambre de Commerce, do hat an där éischter Plénière deemools d'Chambre de Commerce am Fong geholl un d'Regierung - un déi deemoleg, et ware jo just Wahlen -, un déi deemoleg nei Regierung Recommandatiounen ausgeschafft. An do stoung ënner anerem dran, dass d'Chambre de Commerce der Meenung wär, dass de Congé parental einfach misst op dräi Méint reduzéiert ginn.

An ech hu mer dunn erlaabt, als ganz neie Membre élu an der Chambre de Commerce, d'Wuert ze froen an deemools schonn ze soen, dass een dat awer vill méi differenziéiert misst kucken an dass een emol vläicht misst no de Besoine souwuel vun de Leit wéi och vun de Betriber kucken an dass een dat vill méi flexibel misst handhaben. Dat war viru siwe Joer!

Ech mengen, d'Chambre de Commerce huet e ganz, ganz wäite Wee gemaach zanterhier. Mir alleguerten! An esou ass dat eben: D'Welt evoluéiert a mir probéieren natierlech, d'Gesetzer un dat unzepassen, wat d'Leit brauchen, wat d'Famillje brauchen a wat d'Kanner brauchen.

Mir spueren net an der Familljepolitik. Mir investéieren an d'Kanner an an d'Familljepolitik. Ech mengen, mir schaffen un der Zukunft vum Land. A wat ass d'Zukunft, wann et net eis Kanner sinn? Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Minister. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6935 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6935 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6935 ass mat 37 Jo-Stëmmen, bei 23 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

A mir si saisiéiert mat enger Motioun, déi, souwäit ech gesinn, vun alle Fraktiounen respektiv Sensibilitäten ënnerschriwwen ass. Ech mengen, d'Motioun ass motivéiert gi vum Rapporteur. Gëtt et nach eng Wuertmeldung zu der Motioun, déi d'Unanimité schéngt ze maachen tëschent de Fraktiounen an de Sensibilitäten?

Da géif ech proposéieren, dass mer géife mat Handophiewen iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Enthalungen?

Also ass déi Motioun, déi de Bilan no dräi Joer fret, unanime ugeholl. Ech soen lech Merci.

13. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à la langue luxembourgeoise

Da wollt ech der Chamber d'Fro stellen, vu dass mer mat enger Motioun saisiéiert gi sinn am Ufank vun der Sëtzung, wat mer mat där Motioun solle maachen.

Den Här Bodry fret sech d'Wuert dozou. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mech stéiert manner de Contenu vun der Motioun, och wann ech net mat allem averstane sinn, wat drasteet, wéi den Zäitpunkt vun där heiter Motioun.

Momentan gëtt et eng Petitioun, déi leeft nach ëmmer. D'Petitioun 698, déi genau dat doten zum Sujet huet, déi leeft momentan nach ëmmer, kann nach ënnerstëtzt gi bis de 24. Oktober. Duerno - iwwer 14.000 Leit, déi déi Petitioun ënnerstëtzen! - wäerte se hei gehéiert gi vun der Chamber.

Ech géif et aus Respekt virun deene Leit, déi déi Petitioun lancéiert hunn, a virun allem virun deene ville Leit, déi déi Petitioun ënnerstëtzen, net gutt fannen, dass mer elo géifen, eier mer déi Leit ugehéiert hunn, eier mer eis Prozedure vun der Petitioun hei duerchgezunn hunn, hei eng Ofstëmmung maachen an der Chamber iwwer Konklusiounen, déi am direkten Zusammenhang si mat deem Sujet, dee vun der Petitioun hei opgeworf ginn ass.

Well, Här Kartheiser, Dir wësst och, déi heite Positioun hätt Der gradesou gutt kënnen virun zwee Joer hei an der Chamber erabrëngen, wéi Der selwer eng Interpellatioun zu deem selwechten Thema hat. Dat hutt Der net gemaach. Dir macht et elo am Zusammenhang mat der Petitioun.

Duerfir géif ech hei proposéieren, dass mer aus Respekt virun der Prozedur vun der Petitioun net an dësen Deeg hei géifen driwwer ofstëmmen, mä dass mer dat géife reportéieren op en Datum, eng éffentlech Sëtzung nodeem mer all déi Leit héieren hunn, déi déi Petitioun eragereecht hunn. Ech mengen, déi Leit verdéngen deen dote Respekt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci fir déi Proposition. Dozou Stellungnamen? Den Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Ech mengen, datt den Här Bodry hei eng ganz rasonabel Proposition gemaach huet, déi eigentlech eis Ennerstëtzung fënn. Ech fannen, datt mer déi Diskussioun...

► **Une voix.**- Mir versti guer näisch. t.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Da waart, elo héiert Der.

(Hilarité)

► **Plusieurs voix.**- Jo.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech fannen, datt den Här Bodry eng...

(Interruption)

Ech fannen, datt den Här Bodry eng ganz rasonabel Proposition hei gemaach huet. Déi Diskussioun kréie mer souwisou, mengen ech, hei an der Chamber am Kader vun där Diskussioun, déi mer mussen, éischtens, mat de Pétitionnaire féieren. An duerno schéngt et mir absollut evident ze sinn, datt mer och hei an der Chamber selwer eng Diskussioun iwwert déi Thematik do wäerte féieren, soudatt ech déi Proposition do nëmme kann ënnerstëtzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Zum Inhalt wëll ech mech de Moment net äusseren. Mä effektiv ass eigentlech de Punkt deen, datt et de Moment net dee rich-

tege Moment ass, fir doriwwer ze diskutéieren an ofzestëmmen, well mer eben, et ass scho gesot ginn, fir d'Éischt sollen déi Leit unhéieren, déi déi Petitioun lancéiert hunn. Duerno kënnen mer dat dann natierlech hei an der Chamber maachen. Duerfir ënnerstëtze mir och déi Proposition, déi gemaach ginn ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Berger. Dann d'Madamm Loschetter. Zu Wuert gemellt huet sech och den Här Kartheiser.

Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, et ass alles gesot.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci, Madamm Loschetter. Ech géif vläicht de Krees zoumaachen an dann d'Wuert dem Auteur ginn. Den Här Wagner kritt et nach virdrun.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci. Jo, mir géifen eis och der Proposition vum Här Bodry ralliieren. Ech mengen, et muss ee fir d'Éischt emol och d'Diskussioun féieren am Hearing, deen dës Petitioun déclenchéiert huet. Dat soen ech ëmsou méi, well ech och nach Member vun der Petitiounskommissioun sinn. Ech mengen, dat wär och eng Fro vu Respekt géigeniwwer vum Pétitionnaire. An da kënnen mer dat a Rou weiderhin diskutéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Wagner. Den Här Kartheiser, deen eis seet, wat e vun de Virschléi hält.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur.**- Villmools Merci, Här President. Jo, mir hunn an de leschten Deeg ganz vill iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch héieren an ech mengen, et war vun eiser Säit aus ni interpretéiert ginn, datt all déi Leit, déi sech elo zu der Wichtigeet vun der Lëtzebuerger Sprooch äusseren, domadder net genuch Respekt géintiwwer de Pétitionnaire gewisen hätten.

Et ass an eisen Aen ëmmer eng gutt Geleeënheet an ëmmer e gudden Zäitpunkt, wann ee sech fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. A mir kënnen awer och gär nach déi Zäit waarden, bis mer déi Unhéierung hei an der Chamber haben.

Ech géif just proposéieren, Här President, wann ech d'Interventioun vu menge Kolleegen hei richteg interpretéieren, datt se sech net géifen opposéieren, géife mer hei proposéieren, datt Der vläicht déi Motioun dann op den Ordre du jour vun der éischter éffentlecher Sëtzung setzt, nodeem déi Unhéierung geschitt ass. Ech mengen, dann hu mer jo dat respektéiert, wat hei proposéiert ginn ass a mir hätten deen Abléck och déi Garantie, datt mer déi kleng zäitlech Verlagerung net allze wäit no hannen drécken.

Wa mer eis kéinten dorop eenegen, mengen ech, wiere mer ganz frou an dankbar. Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat dierft kee Problem sinn!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, all d'Membere vun der Presidentekonferenz hunn dee Wonsch matkritt a si wäerten zum gegebenen Zäitpunkt, wa mer den Ordre du jour fixéieren, dorop zrëckkommen.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Jo, Dir hutt jo och en Observateur an der Presidentekonferenz, dee sech dann zum Echo vun Ärem Wonsch wäert maachen. Dat gesot, géif ech mengen, dass hei jo dann Unanimitéit ass, fir dat esou ze maachen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Da maache mer dat esou.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7059, deen de Paräisser Accord iwwert de Klimaschutz soll hei bei eis ëmsetzen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Henri Kox.

14. 7059 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de Paris sur le changement climatique, adopté à Paris, le 12 décembre 2015

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Wéi virdrun d'Familljeministes beim Gesetz iwwert de Congé parental gesot huet, dass et e Meilesteewär fir d'Lëtzebuerger Familljepolitik, esou kann ee sécherlech behaupten, dass dëst Gesetz, wat mer hei elo um Ordre du jour hunn, e Meilesteewär praktesch fir d'Weltgemeinschaft wäert sinn. Et ass e wichtegen a richtige Schratt fir eis Kanner, awer och fir eis Kandskanner. Et kéint ee souguer den Neil Armstrong

zitieren, wéi e gesot huet, e klenge Schratt hei fir eist Land, wa mer dëst votéieren, mä e ganz grouse Schratt fir d'Mënschheet!

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Dëse Projet de loi huet als Finalitéit, wéi virdru vum President gesot, den Accord vu Paräis ze ratifizéieren, deen den 12. Dezember 2015 op der COP21 ugeholl gouf. Wat ass d'COP21? Dat ass d'Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques vun der Weltgemeinschaft, déi sech mat der Klimaproblematik beschäftegt, déi mer haut eben, wéi gesot, solle ratifizéieren.

D'Konventioun selwer gouf vu Lëtzebuerg den 22. Abrëll 2016 schonn ënnerschriwwen, an dëst um Jour de la Terre, an dëst net eleng vun nëmme Lëtzebuerg, mä vun 175 Parteien, dat heescht vun 174 Länner an der Europäescher Commissioun, déi als eng Partei duergestallt gëtt.

Dësen Accord, dee fir mech e weltëmfassende Vertrag ass, wou praktesch all d'Länner am Boot sinn, ass e ganz wichtige Accord. An ech wëilt do gären de Laurent Fabius zitieren, dee vun engem „accord universel“ iwwert de Klima geschwat huet. En huet eng Rei Adjektiver genannt, fir dësen Accord ze beschreiwen, an e seet: „Dësen Accord ass differenziéiert, dësen Accord ass gerecht, dësen Accord ass nohalteg, dësen Accord ass dynamesch, dësen Accord ass équilibréiert an dësen Accord ass juristeschesch bindend fir eis Länner alleguerten.“

Wéi eng Ziler huet dësen Accord ze erfüllen a wéini trëtt dësen Accord a Kraaft? Ziler ginn et der dräi. Dat Wichtegst ass dat, fir de Weltklima op eng Temperatur vu maximal 2 Grad Erhéijung ze begrenzen, voire op 1,5 Grad hinze-steieren. Dëst geet nëmme, wa mer alleguerten zesummen an engem Boot sinn. Dofir ass all Land opgefuerdert, eng Rei vu Moosnamen ze maachen, an all Land ass gefuerdert, eng Rei vu Reduktionsmoosnamen a senger Politik ze definéieren.

An dat Drëtt, vläicht och eent vun de wichtegsten Ziler, dat ass de finanziellen Engagement: de finanziellen Engagement insbesondere vun den héichentwéckelte Länner vis-à-vis vun den Drëttweltlänner, déi sech drop accordéiert hunn, fir bis 2020 100 Milliarden Euro ze sammeln..., 100 Milliarden Dollar ze sammeln. Ee Moment wann ech gelift. 100 Milliarden Dollar bis 2020 ze sammeln!

A fir Lëtzebuerg bedeit dat, dass mir eisen Accord schonn op 35 Milliounen ginn hu bis 2020, fir de finanziellen Ausgläich tëschent den ënnerentwéckelte Länner an den héichentwéckelte Länner ze maachen.

E klengen Historique vläicht iwwert déi ganz Accorden, well da gëtt et sech der Bedeitung méi bewosst iwwert déi Schnellegkeet, déi mer awer hei fäerdegbuecht hunn, fir den Accord vu Paräis elo ze ratifizéieren.

Déi éischt Konferenz war scho laang, viru 24 Joer, dat war den 13. Juni 1992 zu Rio de Janeiro, wou déi éischte Kéier iwwert d'Begrenzung vun der Temperatur, vun dem Ausmooss vun der Klimaverännerung diskutéiert gouf. Et huet gedauert bis 1997, wou de Kyoto-Accord definéiert gouf. Dat war déi drëtt Reunioun vun der COP. Dofir gouf déi deemools COP3 genannt.

Den Accord vu Kyoto huet awer nach bis 2005 gebraucht, fir a Kraaft ze treden, an en huet sech an zwee Deeler opgespléckt. Dat ass eng Kéier eng éischt Period, déi ass gaange vun 2008 bis 2012, an déi zweet Period, déi ass de Moment amgaangen ëmgesat ze ginn an déi geet vun 2013 bis 2020. Am Ennerscheid awer zu Paräis hu beim Kyoto-Accord nëmme... oder d'Emissiounen, déi e berücksichtegt huet, stellen awer nëmme 15% duer. 85% vun den Emissiounen vun deene Länner, déi ganz héich Emissiounen maachen, sinn näamlech net beim Kyoto-Accord derbäi gewiescht!

Wou sti mer elo bei der Ratifikatioun? Do kënnen mer soen, dass mer et gepackt hunn! Gepackt, well d'Europäesch Commissioun, oder d'europäesch Ëmweltministeren de Freideg virun engem Woch driwwer diskutéiert hunn, dass se den Accord wëlle ratifizéieren. D'Europäesch Parlament huet et genau virun engem Woch gemaach. An dat war de Startschoss, fir kënnen dësen Accord ëmzesetzen. Well den Accord huet zwou Bedéngungen: Et mussen 55 Länner vun der Welt den Accord ratifizéiert hunn a 55% vun all den Emissiounen mussen vun deene 55 Länner gedeckt sinn.

Doduerch, dass d'Europäesch Parlament d'lescht Woch ënnerschriwwen huet an och ratifizéiert huet, sinn haut - oder op dem Stand vum 6. Oktober - 74 Länner, déi dësen Accord ratifizéiert hunn a si ëmfaassen am Ganzen 58,8% vu sämtlechen Emissiounen, déi ausgestouss sinn. Domadder kann dësen Accord a Kraaft treden, näamlech 30 Deeg duerno, an dat ass laut der UNO de 4. November, wou dë-



sen Accord a Kraaft trëtt, dat heescht genau virun der nächster COP. Dat ass d'COP22, an déi ass zu Marrakesch a Marokko.

Wat heescht dat fir déi eenzel Länner? Dir wësst, dass Lëtzebuerg sech en Zil am Kyoto-Prozess ginn huet. Bis 2020 muss Lëtzebuerg seng Emissiounen ëm 20% reduzéiert hu par rapport zu 2005, awer ouni dass d'Industrie mat berücksichtegt ginn, d'Industrie sinn am europäesche Sharing matagebonnen. Dat heescht, Lëtzebuerg muss säin Effort och nach bis 2020 weiderdreien. De Moment leie mer, wéi de Camille Gira gäre seet, „on track“, dat heescht awer, mir sinn eréischt bei 13%, déi mer reduzéiert hunn. Et bleiwen, fir eisen Obligatione gerecht ze gi bis 2020, nach 7% ze erreechen. Et heescht also, mir mussen eis weiderhin ustrengen.

Wat heescht et iwwert de Kyoto-Vertrag eraus? Well dann trëtt de Paräiser Accord a Kraaft, an de Paräiser Accord huet keng Zilsetzung méi vu Joergäng, mä huet eng Haaptzilsetzung: Dat ass eng Dekarbonisation vum eiser Wirtschaft. Längerfristeg heescht dat, dass mer 2050 eng Reduktion vum 80% bis 95% vun den CO₂-Äquivalenzzemissioune mussen erreechen, wat natierlech wahnsinneg ustrengend wäert sinn.

Fir Lëtzebuerg heescht dat: Ma, mir hunn en Zil gesat kritt bis 2030 vu minus 40%, minus 40%, well mer natierlech dat Land sinn, wat wirtschaftlech am beschten dosteet, a well mer pro Kapp nach immens vill Efforte musse maachen.

Fir dës Efforten ze erreechen, brauche mer sämtlech Secteuren am Boot. Mir brauchen och sämtlech Gesellschaftsschichte mat am Boot. Dat geet vun der Zivillgesellschaft iwwert d'Gemengen an natierlech och hei iwwert d'Chamber, déi hir Responsabilitéit mussen huelen.

An ech mengen, mir hunn dës Responsabilitéit scho geholl. Mir hunn eis am Virfeld vu Paräis iwwer e Joer laang an enger Souskommission mat dem Klima beschäftegt. Mir hu virun engem Joer hei an der Chamber e ganz groussen Débat gefouert, wou mer eng Rei vu Pisten opgeluecht hunn, Pisten, fir dass och Lëtzebuerg sech senger Responsabilitéit bewosst ass an dass mir och eis mat längerfristegen Ziler ausenansetze mussen an och mat längerfristegen Politicken a sämtleche Beräicher. Sämtlech Beräicher vun eiser Wirtschaft mussen deemno mat an d'Boot geholl ginn, well ouni déi, ouni d'Leit dobause kënne mer dës Ziler net erreechen.

Dofir nach eng Kéier mäin Opruff hei, dëst mat enger grousser Majoritéit kënnen ze stëmmen. An ech ginn dovun aus, dass mer hei d'absolutt Majoritéit wäerte kréien, well an der Kommission hu mer de 6. Oktober 2016 de Rapport vun der Ratifikatioun vu Paräis ugehall, an dat eestëmmeg. D'Gesetz selwer gouf den 9. September déposéiert. De Statsrot huet eis de 27. September den Avis dozou ginn. An den 3. Oktober an der éischter Sëtzung, wou mer eis nach eng Kéier domat beschäftegt hunn, sinn ech zum Rapporteur bestëmmt ginn.

Dofir zum Schluss an zur Konklusion: Ech mengen, dass dëst wirklech e Meilesteen ass fir d'Weltgemeinschaft, dass et e Schratt an déi richteg Richtung ass. Mä et bleift extrem vill ze maachen, dofir: d'Aerm eropstrëppen an dru schaffen!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Éischen ageschriwwene Riedner ass den Här Marco Schank. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marco Schank** (CSV). - Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wollt mat engem Merci ufänken un de Kolleg Henri Kox als Rapporteur vun dësem Projet, e Merci fir den detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport. Hien huet mat enger Partie Superlativen ugefaangen: een Dag nodeem zu Paräis 196 Länner dem Klimaaccord zougestëmmt hunn, en Dag fir d'Geschichtsbücher, e Meilesteen, en histoirescht Evenement an esou weider.

D'Zukunft muss weisen, ob de Klimaaccord vu Paräis esou euphorisch Beuerteelunge verdéngt, déi begeeschtert Unerkennung do verdéngt. Ech denken, dass d'Fransousen, mat un der Spëtzt dem Här Fabius, an awer och eis Ëmweltministesch Unerkennung verdénge fir hiert jeeweilegt Verhandlungsgeschéck zu Paräis.

Engersäits ass et esou, de Rapporteur huet et gesot, dass déi éischte Kéier iwwerhaupt e globalen Accord zustane komm ass, en Accord, deem all Staten op der Welt verpflichtet zu der Begrenzung vun der globaler Erwärmung op däitlech ënner 2 Grad, méiglechst 1,5 Grad par

rapport zu virindustriellen Niveauen. An dofir mussen d'CO₂-Emissiounen weltwäit tëschent 2045 an 2060 op null zrëckgefouert ginn an eben och en Deel vun den CO₂-Emissiounen aus der Aerdatmosphär evaküiert ginn. Dat ass engersäits. Anerersäits - an dee Saz ass méi kuerz - ass awer och eppes ganz kloer: D'Ärderwärmung vun dëser Welt wäert an den nächste Jore weidergoen, a grondleeënd weidergoen. Si hält net op mat der Ratifizierung vun dësem Accord.

Als Optimist kéint ee soen: Vlächcht schrauwe jo an Zukunft d'Staten och vu sech aus hir Ustrengunge fir de Klimaschutz an d'Luucht. Vlächcht wäert och an Zukunft d'Force vun de Marchéen d'Länner éischter zu méi Klimaschutz bewegen. Vlächcht ginn och d'erneierbar Energie an Zukunft weider mat deem Tempo méi bëlleg, wéi dat elo an der Vergaangenheet de Fall war. A vlächcht mierkt och China, dass Klimaschutzmoosnamen och gutt sinn, fir d'Loft a senge Stied méi propper ze maachen. A vlächcht geschitt dann d'Ëmstellung op eng kuestofffräi Économie tatsächlech méi séier, wéi mir eis et haut kënne virstellen. Dat ass den Optimist.

Als Pessimist, deelweis och als Realist, kéint ee soen, dass den Deal vu Paräis net duergeet, fir eist Klima ze retten, weinst all deem Klimawandel, deem trotzdeem nach komme wäert par la force des choses, an duerch en CO₂, dee mer schonn ausgestouss hunn an der Vergaangenheet respektiv dee mer no Paräis natierlech nach aus eise Fabricken, aus eise Fligeren, Schëffer, Autoen an esou weider erausblösen an deem och nach laang an der Atmosphär bleiwe wäert. A weinst der Fro - dat ass, mengen ech, eng ganz wesentlech -, ob dann d'State sech un hir eegen, sech selwer operuechte Verpflichtungen hale wäerten.

Madamm Presidentin, en vue vun der Ratifizierung vum Klimaaccord vu Paräis probéiere mir dann awer, éischter optimisteschen an d'Zukunft ze kucken a freeën eis an éischter Linn emol, dass d'USA a China virun enger gewëssener Zäit - ufanks September, mengen ech, war dat - am Kader vum G20-Sommet den Accord vu Paräis ratifizéiert hunn.

An och d'EU-Parlament huet dat viru Kuerzem gemaach, d'lescht Woch, nodeems d'Ëmweltminister vun der EU den 30. September zu Bréissel eng Blamage évitéiert hunn, kann ee bal soen, an et fäerdegbruecht hunn, sech op ee gemeinsame Ratifizierungsprozess ze eeneen.

„Et war en haarde Kampf“, gëtt d'Madamm Ministesch zitéiert am „Wort“ direkt no dem Sommet, an zum Schluss och nach mat engem wesentleche Saz - mengen ech, well dee Kampf, dee kënnt eréischt -: et géifen nach déif gräifend Diskussiounen bestoen, dëst am Kontext vun engem wuel virprogrammierte Sträit ëm den „effort sharing“.

De sougenannten „effort sharing“, also d'Laaschtendeelung, reguléiert 60% vun den CO₂-Emissiounen an der EU. A vun dësem greisste klimapolitischen Instrument gi si sech natierlech wichteg Ustéiss ausgerechent fir d'Dekarboniséiere vun deene verschiddene Secteuren: Verkéier, Gebaier an esou weider. An amplaz dëst Instrument un d'Ergebnisse vum Paräiser Accord unzepassen, géife verschidde Memberlänner - heescht et! - probéieren, vu Schlupflächer respektiv vu Rechentrücke Gebrauch ze maachen.

Madamm Presidentin, vun 2020 u wäert de Grand-Duché mat ganz ambitiëse Reduktionsziler konfrontéiert ginn. Héich Ziler goufe sech gesat. Ech erënnere elo net un déi, déi mer schonn haten: Bis 2020 d'CO₂-Emissiounen 11% senken; derbäi komme jo nach déi 11% Undeeler un erneierbaren Energien an 20% méi Energieeffizienz bis 2020. Mä fir 2030, do läit d'Lat fir Lëtzebuerg am Kader vum „effort sharing“ richteg héich, nämlech bei minus 40% am Joer 2030 par rapport zu 2005. Et ass virdru vum Rapporteur scho gesot ginn.

Dës 40% stinn an engem Reglementsvorschlag vun der Europäescher Kommission, dee viru Kuerzem, Métt Juli, presentéiert gouf, fir déi järelech CO₂-Reduktiounen vun den eenzelne Memberstate virzeschloen. Entsprechend dësem Kommissionsvorschlag géif den Emissionsbudget fir Lëtzebuerg ab 2021 ënner anerem och dovun ofhänken, wéi d'Emissiounen an de Joren 2016 bis 2018 sech géifen an der Moyenne entwéckelen.

Och wann dës Vorschlag vun der Kommission, kann ech mer virstellen, nach dierft änneren, ass dëst Zil fir Lëtzebuerg eng enorm Erausforderung. An ech hu viru Kuerzem héieren, fir dat Beispill ze soen, dass de Logistiksektor sech elo scho weinst deene minus 40% géif grouss Suerge maachen a sech freet, ob de Sektor kéint iwwerliewen, e Sektor, dee jo och vu vergaangene Regierungen, vun dëser Regierung pousséiert gëtt, net zulescht duerch

den Ausbau och vum Containerterminal zu Beetebuerg.

Nun, fir déi héich Ziler ze erreechen, huet d'Ëmweltministesch eis gesot an der Kommission, dass se am Ministère amgang sinn, en drëtten Aktionsplang ze preparéieren respektiv och en Adaptatiounsplang ze adaptéieren, wann een esou wëllt, un deem ze schaffen.

An eng éischt Fro mengersäits dozou: Wéini soll deen drëtten Aktionsplang virgeluecht ginn, well ech do verschidden Datumen héieren hunn? An der Zeitung hunn ech gelies, dass wier fréistens Summer 2017. Et sinn awer och Mataarbechter aus dem Ministère, déi gesot hunn, ënner anerem, dass dësen drëtten Aktionsplang vlächcht schonn Enn des Joers oder Ufank nächste Joers kéint virleien. Vlächcht kann eis d'Madamm Minister eppes dozou soen.

D'lescht Joer hu mer, dass ass vum Rapporteur virdun och nach eng Kéier ernimmt ginn, dee groussen Débat gefouert mam Sujet „Politesch Orientierung an Aktionsméiglechkeeten am Kontext Klima an Energie“, wann ech mech richteg erënnere, mat net manner wéi 40 Sëtzungen, déi mer haten am Zäitraum vun annerhallwem Joer.

A mir ginn dovun aus als Fraktioun, dass déi Aarbecht net émsoss war, mä dass déi 57 Recommandatiounen wäerten Agang fannen an deem neien Aktionsplang. D'CSV-Fraktioun fuerdert op jidde Fall, dass d'Chamber, sou wéi et och am Rapport vun deem Débat steet, regelméisseg an dee Prozess agebonne gëtt, dëst en vue vun deene Moosnamen a Lösungsvorschläi, déi dozou solle féieren, déi entsprechend Klimaziler ze erreechen.

Madamm Presidentin, an deem Débat d'lescht Joer hunn ech och am Numm vu menger Fraktioun däitlech gemaach, dass mir eis ambitiëse Hausaufgaben a puncto Klimaschutz nëmme fäerdegbréngen, wann et eis geléngt, fir d'Biergerinnen an d'Bierger an domadder och d'Zivillgesellschaft an d'Boot ze kréien. „An d'Boot kréien“ huet de Rapporteur e puermol gesot. Do sinn ech och mat him enger Meenung.

Ech sinn awer där Meenung, dass mer mussen dat An-d'Boot-Kréie strukturéieren. An ech wëll eppes dozou soen, well ech d'lescht Joer am November am Débat och eng konkret Proposition gemaach hunn, nämlech eng Proposition de loi fir d'Schafung vun enger nationaler Kommission fir nohaltege Entwécklung a Klimaschutz.

Ech denken och, fir vlächcht fir d'Éischt e Saz zum Klimapakt ze soen, dass dëst Instrument ee ganz wesentlecht ass, well d'Gemengen derfir gesuergt hunn, mat ganz vill Kreativitéit - an och d'Gemengesyndikater, Naturparken an anerer - et fäerdegbruecht hunn, mat enger regionaler Approche sech fir de Klimaschutz no beim Bierger a bei de Biergerinnen, well jo d'Gemengen esou no bei de Stéit sinn, anzesetzen.

D'Gemenge si ganz kloer onverzichtbar Partner am Klimaschutz, wann et heescht, den Energieverbrauch an d'CO₂-Emissiounen an den Dierfer an an de Stied ze reduzéieren an awer och, an dat ass wuel gradesou wichteg, parallel Investitiounen, ekonomesch Aktivitéiten an den Aarbechtsmaart doduerch ze stimuléieren. An dofir si lokal a regional Energie- a Klimaschutzkonzepter wichteg Bausteng fir déi landeswäit Ëmsetzung vun deene geplangten ambitiëse Moosnamen.

Wéi et schéngt - hu mer an der Kommission gesot kritt - ginn et nach just zwou Gemengen, déi net am Klimapakt matmaachen. An der Zwëschenzäit goufen et souguer schonn eng Partie Gemengen, déi déi drëtt Zertifizierungsstuf erreecht hunn, wat engem international unerkannte Standard entsprécht, nämlech dem „European Energy Award Gold“. Déi Gemenge sinn, fir se net ze nennen, Park Housen, Tandel, Biekerech a Schëffleng. A souwäit ech informéiert sinn, wäerten och zwou vun dëse Gemengen elo d'nächst Woch op Luzern reesen, nämlech Housen an Tandel, fir do och am Austausch mat anere Gemengen...

(Interruption)

...och déi regional, besonnesch déi regional Approche am Kontext Klimaschutz weiderzerreechen.

Mä de Klimapakt eleng geet an eisen Aen net duer. Mir mussen dat vill beschwuerent Abezie vum der Zivillgesellschaft strukturéieren, hunn ech virdru gesot, well soss dës Regierung an och déi Regierungen, déi duerno wäerte Responsabilitéit kréien, bei hirer Klimapolitik wäerten an d'Eidelt lafen.

An dofir hunn ech och an dësem Kontext am Débat d'lescht Joer am Numm vu menger Fraktioun eben dann déi Proposition de loi déposéiert fir d'Schafe vun enger nationaler Kommission fir nohaltege Entwécklung a Klimaschutz, dat heescht eng strukturéiert Partnerschaft vu Stat, vu Gemengen, vun ONGen,

vu Gewerkschaften a vum Patronat. An d'Zil vun dëser Gesetzesproposition ass et, wéi gesot, d'Zivillgesellschaft besser anzebannen.

Dës Proposition de loi baséiert dorobber, fir d'Gesetz vum 25. Juni 2004 unzepassen. Dat ass d'Gesetz iwwert d'Koordinatioun vun der nationaler Politik fir nohaltege Entwécklung. An ech hat mech bei dëser Proposition de loi op d'Expérience beruff, déi mer gemaach hunn an de Joren 2010, 2011 mat dem Partenariat fir Ëmwelt a Klima, also e ganz konkreten Exercice, wou eigentlech dat duerchgespillt gouf och an Zäit vun annerhallwem Joer vun der viregter Regierung, wou Ministèren, Gemengen, de Syvicol fir d'Gemengen, d'ONGen, d'Gewerkschaften an d'Patronen un engem Dësch souzen, fir e gemeinsame Moossnamekatalog opzestelle fir de Klima- an Ëmweltschutz. An déi Moossname sinn dunne och an den zweeten nationalen Aktionsplang agefloss, a virun allem war dat och d'Grundlag fir d'Schafe vun deem Klimapakt, un deem ech virdun erënnert hunn.

Deemoools schonn ass d'Iddi an deem Grupp diskutéiert ginn, fir aus dem Partenariat eng dauerhaft Struktur ze maachen. Vun de staatleche Partner, ech erënnere mech dorunner, ass deemoools insistéiert ginn, dass een d'Regierungsmembere méi staark misst an dee Prozess integréieren, fir eng besser Visibilitéit a fir eng besser Kredibilitéit an deem Zesummenhang och ze erreechen.

Dës Gesetzesvorschlag mat senger entsprecherender Virgeeënswis géif eng verstärkt a besser strukturéiert Zesummenaarbecht mat den Organisatiounen vun der Zivillgesellschaft garantéieren a gläichzäiteg och eng méi pousseiert Participatioun vun der politescher Prise de décision assuréieren.

Madamm Presidentin, an enger Jointe vun Affaires étrangères an Ëmweltkommission gouf viru Kuerzem d'Agenda 2030 fir eng nohaltege Entwécklung presentéiert. Dat ass nach net ganz laang hier.

An deem Kontext begrëisse mir et, dass d'Regierung d'Reglement vum 14. Juli 2005 ofgeännert huet. Do geet et nämlech ëm d'Zesummesetzung, ëm d'Organisatioun an de Fonctionnement vun der Commission interdépartementale du développement durable. Dat ass an deem Reglement geregelt. An heimat gouf elo en Upgrade vun der Zesummesetzung vun där Kommission virgeholl, ebe fir déi verschidde Ministère méi staark ze responsabiliséieren. An dat fanne mir richteg. Dat fannen ech eng gutt Iddi, well et och am Sënn ebe vun där Proposition de loi ass, déi ech d'lescht Joer gemaach hunn, an ech mengen, déi ganz wesentlech ass.

Wat elo dës Proposition de loi ugeet, gëtt et nach keen Avis, weder vun der Regierung nach vum Statsrot. Si huet eng Nummer kritt an domat ass et dat elo emol.

Mech géif awer interesséieren, dofir d'Fro un d'Ëmweltministesch, ob d'Regierung ënner Ëmstänn wëllens ass, awer an déi Richtung do ze goen. Well ech soen lech hei, dass et schifgeet, fir ambitiëse, esou ambitiëse Moosnamen ze huelen, ze erreechen, wa mer net d'Leit un Terrain an dat berüümt Boot do kréien!

Dann, d'Majoritéit seet an hirer Regierungserklärung op der Säit 71, dass hunn ech och schonn op dëser Plaz emol rappeléiert, si géif e sougenannten Nohaltegekeetscheck aféiere fir d'Projeten an d'Décisiounen vun der Regierung, déi eng Incidence hunn en termes vun nohalteger Entwécklung a Klimaschutz.

Dofir wollt ech elo och d'Fro stellen un d'Madamm Minister: Huet d'Regierung wëllen, an den nächste Méint esou en Nohaltegekeetscheck anzeféieren, respektiv ass se souguer vlächcht amgang un deemselwechten ze schaffen?

Zum Schluss, Madamm Presidentin, eng lescht Fro un d'Madamm Minister, an zwar d'Fro, wou mir mat der Etüd fir den Tanktourismus dru sinn, déi d'Regierung an Opdrag ginn huet a wou och schonn nogebessert ginn ass, wéi mer et gesot kruten.

Am „Wort“ hunn ech gelies, de Kolleg Henri Kox hätt gesot, den Tanktourismus misst enger kritescher Analys ënnerzu ginn. Gëtt dat elo zousätzlech gemaach?

An da steet awer och nach do, an der Zwëschenzäit géif et e Kompromëss ginn - wat ëmmer dat heescht - en vue vun der Presentatioun vun dëser laang erseenter Etüd. An de Kolleg Marcel Oberweis huet net méi spéit wéi virun, mengen ech, zwou Wochen och



nach eng Kéier gefrot, wou mer mat där Etüd dru wieren. An ech wëll dat dann op dëser Plaz och maachen.

Domat géif ech ganz zum Schluss d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn, zu engem ganz wesentleche Projet en vue vun der Ratifizéierung vum Klimaaccord vu Paräis.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(*Interruption*)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Schank. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Madamm Présidente, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'Éischt dem Rapporteur Henri Kox Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir als LSAP wäerte selbstverständlech dëse Projet de loi och ënnerstëtzen.

E Merci wëll ech awer och eiser Ëmweltministersch Carole Dieschbourg soe fir hiren Asaz, besonnesch bei der leschter Lëtzebuerger Présidence, wou jo och dëse Paräiser Accord zustane komm ass.

De Rapporteur huet den Accord an all senge Facetten am Detail erkläert. Dofir wëll ech mech op e puer generell Remarqué beschränken.

D'LSAP huet sech schonn iwwert déi lescht Joren, an et kann een entre-temps soen, scho säit Jorzéngten, ëmmer konsequent fir de Kampf géint de Klimawandel agesat a wäert dat selbstverständlech och an Zukunft weider esou maachen. Dat gëllt souwuel um internationalen, nationalen, awer och um lokalen Niveau, well nëmme wa mer all zesumme grouss Efforte maachen, hu mer eng Chance, fir déi schliëmmst Konsequenze vun engem Klimawandel ze verhënneren.

An deem Sënn begrëisse mer als LSAP och den Accord vu Paräis, well et effektiv gegléckt ass, bal all Staten, an de Rapporteur huet et elo am Detail erkläert, vun der Welt mat an dat berüümt Boot ze kréien, wat jo leider beim Kyoto-Accord net de Fall war. D'Europäesch Unioun eleng kann zwar hei mam gudde Beispill virgoen. D'Zil, fir d'Klimaerwärmung ënner 2 Grad ze halen, dat kann awer nëmmen erreecht ginn, wann all grouss Emittente vun der Welt vun Zäregasen zesummeschaffen an och elo éierlech a reell Efforte maache wäerten. De politesche Wëlle vun der LSAP a vun dëser Regierung, fir eise Bäitrag dozou ze leeschten, ass op alle Fall do.

Mir sollten eis awer näischt virmaachen: Och wann dës Kéier d'Reduktiounsziler fir déi eenzel EU-Memberstate gebonne ginn un d'Wirtschaftsleeschtung, wäert Lëtzebuerg iwwerduerchschnëttlech héich Engagementen müssen agoen, a mäi Virriedner Marco Schank huet dat och elo grad schonn ënnerstrach. Dat geet och esou aus der Propos vun der EU-Kommissioun vum Juli ervir, déi mir an der Kommissioun virgeluecht kruten: Lëtzebuerg a Schweden waren deemno déi Länner an der EU, déi déi gréissten Efforte misste maachen a bis 2030 hir Emissiounen par rapport zu 2005 ëm 40% misste reduzéieren. Dat gëtt, wéi scho gesot ginn ass, en enormen Défi.

Och wa mir am Moment op der virgezeechenter Trame net esou schlecht dostinn, wéi vir-dru scho gesot ginn ass, „on track“ sinn de Moment, fir et nach eng Kéier ze soen, bis 2020, de Rapporteur huet dat och gesot, musse mer 20% par rapport zu 2005 reduzéieren. Mir sinn de Moment op 13%. Fir an deenen nächste véier Joer schéngen déi 7% net onméiglech ze sinn.

De Problem kënn awer effektiv no 2020, wann dann dee Paräiser Accord a Kraaft trëtt nom Kyoto-Accord. Engersäits si mer dann an der Situatioun, dass mer wahrscheinlech bis dohinner, bis 2020, déi méi einfach Mesuren, fir d'Emissiounen ze vermeiden, schonn ëmgesat hunn. An et wäert duerno awer ëmsou méi schwierig ginn, fir weider Reduktiounen ze errechen.

Anerersäits hu mer zënter Joren e staarke Wuesstum. Ech mengen, mir wëssen och, wat mer do vu Pronosticken hunn, souwuel vun eiser Ekonomie wéi vun eiser Bevëlkerung, an et gesäit ganz esou aus, wéi wann dat och an de kommende Jore jo géif esou weidergoen.

Et ass zwar zum Deel gelongen, de Wirtschaftswuesstum lasszekoppele vun der Entwécklung vun den Emissiounen, mä och wann een d'Emissiounen pro Awunner kuckt, hu mer

Fortschrëttler gemaach. Mir brauchen do awer e regelrechte Quantesprung, wa mer an nëm-men zéng Joer zwëschen 2020 an 2030 eis Emissiounen nach eemol ëm 20% wëlle senken. Ëmsou méi wichteg ass et, fréi genuch konkret Pläng ze hunn, wéi een dës international Verflüchtungen och kann an d'Realitéit ëmsetzen.

Deen drëtten nationalen Aktionsplang fir de Klimaschutz kritt do eng ganz grouss Bedeutung fir Lëtzebuerg. Mir müssen dee Plang net nëmme matzäite fäerdeg hunn, mä et muss een dann och an eiem Budget entsprechend Moyene virgesinn, fir dass dës Mesuren och effektiv an der Realität kënnen ëmgesat ginn.

Entre-temps wär et vläicht gutt, en Tëschebilan vun der Ëmsetzung vum zweeten nationalen Aktionsplang ze zéien, fir emol am Detail ze kucken, wat mer bis elo erreecht hunn a wou mer par rapport zu deem, wat mer eis virgeholl hunn, och stinn. Well eis Accorden, Deklaratiounen an Aktionspläng hunn nëmmen dann en Impakt op de Klima, wa se duerch konkret Mesuren och ëmgesat ginn.

Zäregasen entsti bekanntlech bei ganz verschiddene Prozesser, mä dee gréissten Impakt am Kontext vun eise Klimaschutzmoosname betrëfft wuel d'Produktioun an de Verbrauch vun der Energie.

Et muss eis engersäits geléngen, méi Energie op eng nohalteg an ëmweltfrëndlech Manéier ze produzéieren, an anerersäits ganz einfach manner Energie ze gebrauchen. Et kann een dobäi net nëmmen no Klimaschutzkritäre kucken. Et geet jo fir d'Mënschheet am Endeffekt dorëms, gréisser Katastrophen ze vermeiden, bei deenen d'Liewen an d'Gesondheet am Sënn vum Klimaschutz net dozou féieren, (veuillez lire: bei deenen d'Liewen an d'Gesondheet bedrot sinn. Dofir därefer streng Oplagen am Sënn vum Klimaschutz net dozou féieren,) dass d'Atomkraaft als eng Alternativ ugesi gëtt. Et gesäit een elo schonn, wéi schwéier sech beispillsweis d'Belsch deet, fir hir komplett vereelt Atomkraftwierker ofzeschalten, well se an deene vergaangene Joren net genuch an erneierbar Energien investéiert hunn.

Al Atomkraftwierker, déi nach just mam Argument um Lafe gehale ginn, dass ee soss d'Stroumversuergung net garantéiere kann, sinn extrem geféierlech. Ech hoffen, dass mer net zu Tihange, Doel oder Cattenom en zweet Fukushima erliewe müssen, fir dass dat jiddwerengem kloer gëtt. Doriwwer eraus wäert et sécher Pressiounen ginn, fir nei Atomkraftanlagen ze bauen, fir méi einfach kënnen d'Klimaschutzziler ze errechen. Nei Atomanlage sinn zwar vläicht eng Zäit laang méi sécher wéi déi al, mä de Problem vun der Lagerung vum atomaren Offall gëtt domat net geléist.

Lëtzebuerg huet dorobber natierlech nëmmen e ganz klengen, limitéierten Afloss. Mir kënnen eis awer um EU-Niveau derfir asetzen, dass alternativ erneierbar Energie verstärkt gefërdert ginn, an net d'Atomenergie. Souwiso wäert d'Klimaschutzpolitik um EU-Niveau e ganz wesentlechen Impakt dorobber hunn, ob mer eis Ziler erreeche kënnen oder net.

D'Reaktiounen op deem Niveau nom VW-Skandal an den USA stëmmen een do och net onbedéngt optimistesches. Statt d'Autosindustrie, déi sech dank deene leschte Kontrollmechanisme vun der EU laanscht besteeënd Ofgasnorme gemogelt huet, dozou ze zwéngen, déi streng Wäerter an Zukunft tatsächlech anzehalen, goufen d'Norme ganz einfach eropgesat! An ech wëll vläicht, wa mer déi Zäit hunn, awer emol eng Kéier e bëssen op déi Saach agoen.

Dir wësst, dee Skandal ass 2015 vun den Amerikaner do entdeckt ginn; ech erspueren lech dat. Just vläicht eng Ziffer: D'Valeure ware 35-mol ze héich. Elo ass proposéiert gi vun der EU-Kommissioun, déi nei Regeln op e sougenannte Konformitéitsfacteur vun 2,1 fir déi nei Typenzouloossung vun neie Modeller ab 2017 ze setzen. Dat sinn natierlech héich Wäerter, soudass mer ëm 1,5% wäerten an Joer 2020 leien, soudass mer eis Grenzwäerter nach wäerten ëm 50% iwwerschreiden! Ech wëll dat just eng Kéier och als Beispill soen, wéi do iwwerleucht gëtt.

Bon, d'Europäescht Parlament huet an deem Sënn seng lescht Décisioun nach net geholl. Do war eng Proposition gemaach ginn de 14. Dezember 2015, fir vun deene Wäerter do erofzekommen. Déi ass awer net akzeptéiert ginn. Bon, dat soll elo effektiv am Januar diskutéiert ginn. Ech wëll just domadder soen, dass, wa mer a Richtung CETA an TTIP op aner Länner weisen, dass mer hei an Europa, an deem do spezielle Fall op jidde Fall, mengen ech, eis Hausaufgaben net amgaange si richteg ze maachen.

Esou Rücksichten op d'Interesse vun der Industrie kann d'EU an Zukunft also net méi huelen,

wa se et eescht mengt mat de Klimaschutzziler, déi se sech zu Paräis ginn huet.

Generell sinn d'Recherchen an den technesche Fortschritt wichteg Facteuren, wa mer an Zukunft besser Méiglechkeete wëllen hunn, fir mat wéineg Energie auszekommen. Um EU-Niveau kënnen do Akzenter gesat ginn, déi e klengt Land wéi Lëtzebuerg nëmme wéineg ka beaflossen. Mir kënnen allerdéngs d'Uwendung vun deenen neisten Technologien - «meilleures technologies possibles», wéi mer dat nennen - fërderen a mat Hëllef vu Subsiden dozou bäidroen, dass mir och als ganz normal Konsumente schnell Accès dozou hunn. Dat ass och net nei. An och déi Beräicher, an deenen esou Mesurë besonnesch sënnavoll sinn, bleiwe weiderhin der zwee: Dat sinn den Transport an de Logement.

Als Éischt zum Transport, Madamm Präsidentin. Dës Regierung investéiert konsequent weider an den ëffentlechen Transport, an dat ass och gutt esou. Den Tram, iwwert dee jorelaang gestridde gouf, hält endlech konkret Formen un. An och aner Dealer vum Mobilitéitskonzept gi stéckweis ëmgesat. Mir müssen hei esou schnell wéi méiglech virukommen, fir déi Capacitéiten ze schafen, déi mer an Zukunft brauchen. Et mécht kee Sënn, Leit mat Campagnen dozou ze animéieren, den ëffentlechen Transport ze benotzen, wann een net déi néideg Capacitéite kann zur Verfügung stellen.

Dat konnt een iwwregens gëschter Owend ganz flott an engem Reportage op RTL op eng impressionnant Manéier gesinn, wou een iwwregens och d'Iwwersaturatioun vun eisen Autobunne feststelle konnt. Wann ech un den Eng-Millioun-Awunner-Stat denken, mengen ech, gëtt dat engem och besonnesch ze denken. D'Offer soll der Demande also ëmmer e Stéck viraus sinn. D'Leit klamme ganz vum selwen op den ëffentlechen Transport ëm, wa en attraktiv ass an d'Méiglechkeet dozou besteet.

Änlech gesäit et mat der Mobilité douce aus. Wa Vélos- a Foussweeër duerchgeeënd bestinn, wann d'Ëmsteigméiglechkeeten op aner Transportmëttel gutt sinn, also den „Interface“, wéi mer dat nennen, gutt ass, da gëtt dat och genotzt.

Et wier an deem Kontext ganz gutt, aktualiséiert Donnéeën iwwert d'Evolutioun vum „modal split“ zu Lëtzebuerg ze kréien, wann dat méiglech ass, Madamm Ministesch. Soss eben eng Kéier an enger Ëmweltkommissiounssitzung.

Well den Individualverkéier awer ëmmer wäert e feste Bestanddeel vum Verkéier bleiwen, müssen hei onbedéngt weider Efforte gemaach ginn, fir méi spueraus a propper Gefierer op d'Strooss ze kréien. Do gëtt et effektiv nach ganz vill Sputt no uewe bei der Elektromobilitéit. Um nationalen Niveau kënnen mir Ureizer schafen, fir dass d'Leit beim Kaf vun hirem Auto méi en ekologesche Choix treffen. Mä mir müssen och um europäeschen Niveau hëllefen, méi Drock op d'Autosindustrie ze maachen.

An der Entwécklung vu Motore respektiv vu Batterie sinn nach vill Fortschrittler ze maachen. Mä d'Industrie muss och gewëllt sinn, genuch doranner ze investéieren.

Bon, zum Stéchwuert vu Stroumlagerung, Stroumspeicherung oder Accumulateuren, Batterien an esou weider, wéi mer dat nennen, a grouse Capacitéiten, do sinn effektiv nach vill technesch Fortschrittler ze maachen. Mä ech mengen, dass mir an enger Welt, déi esou innovativ ass, och eis deem Problem do musse stellen.

Déiselwecht Efforte ginn et och ze maachen am Beräich vun dem Verleeë vun de Stroumleitungen. An och do hu mer jo gesinn zum Beispill un Däitschland, wat dat da fir Problemer gëtt mat verschiddene Leit, déi sech dergéint wieren, wat een och gutt ka verstoen. Iwwregens hei zu Lëtzebuerg hate mir och schonn dee Problem, wa Stroumleitungen gebraucht ginn am Beräich vun der Natur, déi do zerstéiert gëtt. An dofir mengen ech, dass et och wichteg ass an deem Kader, dass et och hei dozou passt, dass dat neit Naturschutzgesetz och do Hëllef wäert bréngen a Kloeerheit wäert bréngen; Stéchwierder vu Biotopen, Stéchwuert Kompensatioun respektiv Ökopunkten.

Generell solle mer awer och Ureizer schafen, fir d'Benotzung vun Dieselmotoren ze reduzéieren. Ech mengen, do hu mer gesinn, dass an Däitschland elo eng grouss Fuerderung ass, oder zu Paräis, fir déi Dieselmotore ganz aus de Stied ze verbannen. An ech mengen, do si mer op engem Wee, deen een och vläicht... Do wollt ech d'Ministesch froen, ob mer och hei zu Lëtzebuerg esou Iwwerleeunge maachen, fir Dieselaautoen, déi déi respektiv Normen net anhalen, a bestëmmten Zonen, déi besonnesch kriddelech sinn am Beräich vum Feinstaub, fir

déi och do eventuell ze verbidde respektiv eng Restriktioun ze ginn.

Schnell virugedriwwen gi müssen natierlech och all Mesuren, déi dozou bäidroen kënnen, de Wuerentransport vun der Strooss erofzekréien. Do hu mer jo elo och mat dem Projet vum Containerterminal zu Beetebuerg/Diddeleng déi richteg Akzenter gesat.

Deen anere Beräich, deen zu Lëtzebuerg e grouss Potenzial opweist, fir Energie ze spuen, ass dann deen zweeten natierlech, de Logement. Mir hunn elo e Projet de loi an der Chamber virleien, wou d'Fërdermoosname fir energieeffizient Bauen a Renovéiere verbessert ginn. A mir kréien an deem Kontext jo nach d'Geleeënheet, fir dat am Detail ze diskutéieren. Dofir wëll ech och elo hei net weider do-rop agoen.

Ech géif mer awer schonn hei wënschen, dass kéint eng kloer Analys gemaach ginn, wat déi Mesuren, déi mer bis elo hunn, konkret bruecht hunn, an dass mer duerno och a regel-méissegem Ofstänn kéinten nopréiwen, wéi d'Akzeptanz vun deenen neie Mesuren ass a virun allem, wéi se genotzt ginn.

Elong un deene Beispiller aus de Beräicher Transport a Logement gesäit een, dass déi Verflüchtungen, déi mer mat der Ratifizéierung vum Paräiser Accord aginn, grouss Verännerungen a virun allem substanzuell Investitiounen wäerte vun eis verlaangen. Ëmsou méi wichteg ass et, e kontinuéierlechen, permanente Monitoring vun all deene Mesuren ze maachen an ze iwwerpréiwen, ob se déi gewënscht Resultater och bréngen. Nëmmen esou ka garantéiert ginn, dass um Enn tatsächlech e positive Bäitrag am Sënn vum Klimaschutz an och vum Paräiser Accord dobäi erauskënn.

An domadder ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Negri. Als nächste Riedner hunn ech den Här Max Hahn ageschriwwen. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn** (DP).- Madamm Präsidentin, haut ass e groussen Dag. Et ass en Dag, wou mir aus dem Versprieche vu Paräis eng konkret national Verflüchtung maachen. 195 Länner hu sech zu Paräis dorobber géeneegt, gemeinsam géint de Klimawandel virzegoen! Ech wëll hei guer net op déi vill Enttäuschungen vun deene Jore virdrun agoen, wou aus nationalen Egoismen eraus d'Mënschheet amgaange war, hiert eegent Graf ze schëppen. Well wat zielt ass, dass Paräis eis net nëmmen nei Hoffnung ginn huet, mä Paräis huet eis Erwaardungen iwwertraff. D'ganz Welt huet zu Paräis décidéiert, seng eegen CO₂-Emissiounen ze reduzéieren. Dat ass en eemolegt Resultat!

An ech félicitéieren dofir besonnesch der Lëtzebuerger Regierung an der Ëmweltministersch, déi an hirer EU-Présidence e groussen Undeel un deem Succès hei hunn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Max Hahn** (DP).- D'Ratifikatioun a ville Länner schleeft net wéi esou oft jorelaang, mä passéiert an engem Tempo, deen engem den Otem hält.

► **Une voix.**- Ah jo!

► **M. Max Hahn** (DP).- Just als Verglach: Tëscht dem Verhandlungsergebnis an dem Akraafttriede vum Kyoto-Ofkommen louch ganzer aacht Joer! Do dergéint wäert den Accord vu Paräis a manner wéi engem Joer no de Verhandlungen a Kraaft trieden. D'Versprieche vu Paräis si keng eidel Wieder, mä Wieder, déi Doten no sech zéien. Haaptmissiounslänner wéi d'USA, China, Indien a Brasilien hu scho ratifizéiert! China an d'USA eleng maache 40% vun de weltwäiten Emissiounen aus.

Et ass kee Geheimnis, dass dëst alles Länner sinn, déi an der Vergaangenheet gären emol mat deenen zwee Féiss op der Brems stoungen, wann et ëm d'Festleeë vu Klimaziler gaangen ass. Dass dës Länner elo mat am Boot setzen, gëtt eis Flilleken an der Course géint de Klimawandel.

Madamm Präsidentin, haut ass et also un der Rei vu Lëtzebuerg, den Traité ze ratifizéieren. Mir setzen haut en Traité a Kraaft, dee grouss Chancen huet, an d'Geschicht als Dreipunkt an der weltwäiter Klimapolitik anzegoen. Et ass en Traité vun der Verantwortung fir déi kommend Generatiounen, deene mer eben net dierfen am volle Bewusstsein en lerwen hannerloossen, wou si riskéieren, hir Liewensgrondlag vun Naturkatastrophen a Klimachangementen zerstéiert ze kréien.

Léif Kolleegen, mir sinn dësen Traité eise Kanner a Kandskanner schëlleg. Jo, Lëtzebuerg bekennt haut faarf am Klimaschutz. A maache mer eis näischt vir: Et sti grouss Défie viru Lët-



zebuerg, Europa an der Welt! De Klimaaccord setzt de Kader, mä mir müssen elo dësen Accord mat Liewe fëllen.

Op d'ganz EU gekuckt, hu mir eis zu enger Reduzéierung vu 40% vun den CO₂-Emissiounen engagéiert. Europa muss sech elo eens ginn, wéi dat gemeinsam Zil soll erreecht ginn. Kucke mir eis un, wéi schwierig d'Zesummeschaffen um europäesche Plang dëser Deeg ass, da wësse mer, wéi haart an ustrengend dës Verhandlung ginn. Mä ech hoffen, dass de Klimaaccord och Europa eng zweet Loft gëtt, fir déi national Egoismen ze iwwerwannen an, wann et dorobber ukënnt, un engem Strang ze zéien.

De Kyoto-Vertrag leeft 2020 aus. Vill wichteg Länner, dat wësse mer, waren dësem net bäigetrudien. An eréischt duerno, also ab 2020, fänken d'Obligatioun vum Paräiser Accord un. Ech ginn de Kritiker recht, déi soen: „Firwat eréischt 2020? Mir hunn eigentlech keng Zäit ze verléieren.“ 2015 war historesch gesinn dat wäerme Joer, dat jeemools opgezeechent ginn ass. 2016, do sinn d'Experte sech eens, wäert dat nach eng Kéier iwwerbidden. Leider war awer zu Paräis méi e fréien Zäitpunkt net dran. Mä mir wëssen all: D'Zäit leeft! An ech hoffen, dass déi verschidde Länner, grad déi, déi net am Kyoto-Accord dra sinn, déi nächst Joren net verbëtze wäerten, mä dass si hir Beméiunge géint de Klimawandel eropschrauwen.

Madamm Presidentin, wat heescht dësen Accord elo fir Lëtzebuerg?

Mir ratifizéieren haut en Traité, deen och den Ufank vum Enn vun de fossilen Energien ass. Jo, däers muss mer eis bewosst sinn, an ech weess, dass dat nach schwéier virstellbar ass, wa mer d'Realitéit dobause kucken. Mëttel- a laangfristeg heescht dat, dass d'Mentalitéite mussen changéieren, d'Geschäftsmodeller müssen ugepasst ginn an en Emklammen op alternativ, klimafreëndlech Modeller muss méi staark encouragéiert ginn. Mir müssen eis bewosst sinn: Geléngt et eis net, d'Leit mat op dëse Wee ze huelen, wäerte mir eis Obligatiounen net packen!

Dësen Accord heescht, dass mir eis Efforten däitlech mussen verbesseren. Mir wëssen, dass mer an der Vergaangenheet net ëmmer Musterschüler a Saache Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg waren. Mir packen et de Moment awer besser, eis Klimaziler ze erreechen, wat vill domadder ze dinn huet, dass manner Leit vu bausse bei eis op Lëtzebuerg tanke kommen. Zur Erënnerung: 70% vun eisen CO₂-Emissiounen kommen duerch den Transport.

Ech wëll awer op dës Plaz elo guer net op all d'Mesuren agoen, déi d'Regierung schonn entaméiert huet, a weider Mesuren, déi nach komme müssen, well ech mer sécher sinn, dass mir nach vill Geleeënheete wäerte kréien, doriwwe hei am Haus an an der zoustänneger Kommissioun ze debattéieren.

Madamm Presidentin, dësen Accord ass nëmmen en Ufank. A mir wäerten an der Weltgemeinschaft sécher nach deen een oder deen anere Réckschlag müssen astiechen, déi eng oder aner Enttäuschung erliewen, a vill Schweess an Ustrengunge sti virun eis. Ech mengen, dat wësse mir all. An awer sollt mir dëse Moment hei feieren, well d'Welt huet sech Grousses virgeholl, an haut setze mir Lëtzebuerger d'Ofkommen fir eist Land a Kraaft. Elo heescht et, all zesummen upaken!

Dëst gesot, géif ech dem Rapporteur Henri Kox gäre Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport a ginn domat den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Här Hahn. Als nächste Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Villmools Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och ufänke mat engem häerzleche Merci un den Här Kox, deen, wéi ëmmer, wann et ëm de Klima geet, mat grousser Begeescherung a grousssem Engagement hei geschwat huet.

Den Accord vu Paräis, dee mer haut hei ratifizéieren, huet dee Meritt, datt en existéiert. Mä wann een e kuckt, muss ee feststellen, datt e weëneg contraignant ass, heiansdo weëneg konkret, an datt et méi e Vertrag ass, deen e bësse politesch Versprechen a juristesche Form gekleet huet. Wäer dat net de Fall, da kéinte mer och dovun ausgoen, datt State wéi d'USA a China manner séier d'accord gewiescht wären, fir sech dësem Text unzeschleissen. Mä datt se et maachen, weist eng gewëssene Universalitéit an och e gewëssene Mentalitéitswandel bei deene Staaten. Mir hunn och, an dat wëll ech derbäisoen, genausou wéi d'Amerikaner oder d'Chineesen huet och d'ADR kee Problem domat a mir ratifizéieren dat hei gär mat.

Wann een awer elo kuckt, wat déi heiten Ëmsetzung konkret fir eis heescht, do si mer wesentlech méi kritesch wéi anerer heibannen. Éischstens stellt sech d'Fro vun der legaler Prozedur. Et ass dovun geschwat ginn - an do wär ech frou, wann d'Madamm Minister eis dat géif erklären -, datt zu Bréissel - Zitat Presseartikel - eng „legale Hintertür“ benotzt gi wär, fir elo eng séier Ratifizéierung vum Vertrag ze erméiglechen, par rapport zu deenen übbleche Prozeduren. Ass dat esou? A wéi eng sinn do adaptéiert ginn oder geholl ginn?

An dann den Engagement fir Lëtzebuerg. Ech mengen, dat ass eigentlech den Hauptpunkt, wa mer dat hei ëmsetzen. Wat heescht dat fir eis?

40% manner par rapport zu 1990, dat ass déi héchsten Obligatioun vun allen EU-Staten. An et ass schonn déi zweete Kéier, wou Lëtzebuerg eng héich, déi héchsten Obligatioun op sech geholl huet. Mir haten dat schonn no Kyoto mat minus 28%. Erreecht hate mer net minus 28%, mä minus 8,2%, an de Rescht hu mer misse kafe goen. De Rescht sinn Zertifikater, déi eis um Maart 110 Milliounen Euro kascht haten. D'Cour des Comptes hat sengerzäit doriwwe e ganz, ganz kritesche Rapport formuléiert. Mir kënnen deen elo net nach eng Kéier hei zitieren. Mir wëlle just drop verweisen, datt eigentlech déi héich Engagementer deemools schonn net konnten agehale ginn.

Déi Proposition hei vu minus 40%, déi ass zustane komm duerch e Schlëssel, dee mir och kritiséieren, de Bruttoinlandsprodukt pro Awunner. Mir wëssen alleguer hei am Land, datt de Bruttoinlandsprodukt pro Awunner net dee reellen Zoustand, de Räichtum vum Land refléiert, well jo d'Frontalieren do net mat agerechent ginn. An awer ass opgrond vun deem Kritär festgehale ginn - haaptsächlech opgrond vun deem Kritär - am Conseil européen, datt minus 40% fir eis déi richteg Ziel wär.

Minus 40% an engem Land, wat e ganz séieren ekonomesche Wuesstum kennt, wat seng Awunnerziel, wann déi Zifferen da sollte stëmmen, déi am Abléck zirkuléieren, iwwer eng Millioun Awunner, 1,1, 1,2 Milliounen Awunner iergendwéini zielt an noer Zukunft, an da solle mer nach eis Emissiounen ëm minus 40% reduzéieren! Ass dat iwwerhaapt an iergendenger Aart a Weis realistesch?

Wat sinn dann d'Konsequenzen op d'Ekonomie? Et muss ee sech froen, mir hunn hei esou vill vun Dekarboniséierung héieren - mir wëssen, datt eis Energiepräisser fir d'Betriber am europäesche Vergläich awer net déi niddregst sinn - an et muss ee sech froen, ob mer net hei an eng Politik eraginn, wou weinstens déi gréng Partei wëllt an eng Desindustrialiséierung vum Land goen, während d'Sozialisten awer probéieren, d'Ekonomie ze diversifizéieren. Ass do net ee vun deene ville Widerspréch, déi mer an dës Regierung ëmmer méi feststellen?

Mir haten hei als Chamber am November, den 12. November nach eng Resolution gestëmmt, an där mer gefrot haten, datt zu Paräis sollt en eenheetleche Präis fir Kuelenemissioune festgeluecht ginn, fir eng Delokalisatioun vun der Produktioun a Länner ze verhënneren, wou ebe manner Contraintë wäeren, wat d'Gaz à effet de serre ugeet.

Dat ass awer net geschitt. Oder kann d'Madamm Minister eis soen, ob an der Tëschenzäit esou Engagementer geholl gi wären? Eiser Kenntnis no net. Et besteet also e Risiko vun engem Carbon Leakage, vun engem Verloscht vun industrieller Struktur a Länner, déi manner staark Engagementer huelen, wéi mir et hei maachen.

Dat besonnesch an engem Land, wat ganz staark de Loftverkéier promouvéiert an d'Logistik promouvéiert! Och hei gesi mer, datt déi Regierung virdrun an och déi aktuell Regierung grouss Investisementer an d'Logistik machen. Et soll een de Chantier zu Beetebuerg kucke goen, sech virstellen, wat do eng Ziel vu Camionne kënn, déi do sollen tanken an zirkuléieren. Wéi ass alles dat kompatibel mat enger Politik, déi déiselwech Regierung wëllt bedreiwen, fir ganz staark Reduktiounen vun CO₂-Emissiounen ze kréien?

Dann ass och een Zil, an dat huet d'Regierung festgeluecht, fir d'Habitatiounen ze huelen als Hiewel, fir CO₂-Emissiounen ze reduzéieren: Passivhaiser. An do muss een awer soen, datt awer déi Etüden, déi elo aus Kalifornien kommen - wou och d'Passivhaiser ganz staark promouvéiert gi waren -, an notament déi vum Här Levinson, en Ëmweltökonom, gewisen hunn, datt duerch de sougenannte Reboundeffekt net manner Energie verbraucht gëtt a Passivhaiser wéi par rapport zu normalen Haiser. Dat ass eng ganz interessant Etüd. An et muss ee sech och do d'Fro stellen: Wéi kredibel ass dann d'Démarche vun der Regierung, déi dat do d'proposéiert?

Och muss mer am A behalen, datt déi intelligent Compteuren - am Abléck vläicht nach net, awer potenziell - och eng Gefor fir d'Privatsphär vun de Leit kënnen ginn. A mir haten als ADR schonn e puermol gesot, datt mer eng speziell Legislatioun wëlteen, fir d'Benotzung vun den intelligente Compteure genee ze kontrolléieren. Et kann net sinn, datt iwwert de Wee vun der CO₂-Reduzéierung herno de Leit eng gewësse Liewensweis soll imposéiert ginn an datt dat dann iwwer esou elektronesch Mëttel kontrolléiert gëtt. Déi Gefor ass awer reell.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Och d'Landwirtschaft muss mer kucken. Si leescht e wäertvolle Bäitrag zu eiser Gesellschaft. Et kann net sinn, datt d'Landwirtschaft ëmmer méi als Instrument geholl gëtt vun dëser Regierung, wat sech am Dëngscht vun anere Politicke muss bewegen. D'Landwirtschaft huet hiren eegene Wäert. A mir kënnen net einfach akzeptéieren, datt se ëmmer méi gedirängelt gëtt duerch aner Prioritéite wéi déi, déi si eisem Land originär bréngt.

D'Konsequenzen op de Budget. An der Fiche financière vun dësem Gesetz heescht et: «Le projet de loi n'a pas d'impact sur le budget de l'Etat.» Dat ass inakzeptabel! Dat ass inakzeptabel! Well d'Ëmsetzung dovun, vläicht net d'Gesetz selwer, mä d'Ëmsetzung... Mir hate grad gesot: „Beim Kyoto-Protokoll hu mer eis misse fräikafen.“ Mir wäerten et wahrscheinlech och hei misse maachen. An déi Sue kommen aus dem Statsbudget!

Mir hunn héich Kapalexporter vun öffentleche Gelder. Ech ernënnere mech, datt eng aner Koalitiounspartei - d'DP, fir se net ze nennen - nach virun e puer Joer zesumme mat der ADR gesot huet: „Et ass dem Klima egal, wou et geschützt gëtt. Mir kënnen et och hei am Land maachen. Mir mussen keng Projeten a Lettland oder a Litauen finanzéieren oder an anere Länner. Dat geet och hei. An hei hätte mer Retombéee fir eist Handwierk, hei hätte mer Retombéee och um steierleche Plang.“

Elo hu mer eng Regierung, déi seet: „Et huet kee finanziellen Aspekt“, déi awer ënner anere UNO-Fonds ënnerstëtzt, vun deem mer nach net wëssen, wéi en herno fonctionnéiert, op jidde Fall net a leschter Konsequenz, deen awer gespeist gëtt mat Suen iwwert de Budget bis zu 120 Milliounen Euro bis 2020, 2014 bis 2020. A 35 Milliounen Euro ginn an de Fonds vert pour le climat. Fënnf Milliounen pro Joer. Dat sinn d'Donnéen, déi d'Regierung eis selwer ginn huet. An dann heescht et: „Et gëtt keng Konsequenzen op de Statsbudget.“ Onverständlech!

Den Tanktourismus, dat rout Duch vun deene Gréngen. Et ass eng Konstant, datt probéiert gëtt, vun der Säit vun där Partei haaptsächlech, den Tanktourismus hei am Land ze liquidéieren. Et muss een awer wëssen, datt dat am Abléck nach ëmmer eng substanzieell Source de revenu vum Statsbudget ass an datt, wa mer dee Revenu net méi hunn, dofir awer net manner CO₂ verbraucht gëtt! Et gëtt vläicht minimal oder marginal manner verbraucht, well manner Leit iwwert d'Grenz kommen, mä dat fällt kaum an d'Gewicht.

Tatsaach ass, datt CO₂-Ausstouss awer nach ëmmer gemaach gëtt, just, datt net méi hei am Land getankt gëtt. E Verloscht fir de Statsbudget an e minimale Gewënn héchstens fir Klima-iwwerleeungen! An, wéi gesot, e Land, wat esou vill elo an d'Logistik investéiert an do den Tanktourismus aktiv promouvéiert um Niveau vun de Camionen, dat wäert Problemer hunn, déi aner Politik do kredibel ze rechtfertigen.

Alternativ Energien: Dat gëtt ëmmer esou gewisen, als wär dat wierklech d'Léisung. D'alternativ Energien, déi maachen hei am Land - 2014 - 4,5% aus vun der Gesamtenergie. Dat heescht, 96% sinn net alternativ Energien! Mir sollen op 11% kommen. 89% sinn net alternativ. A fir déi 11% brauche mer nach net alternativ Energien, fir déi Versuergungsausfall, déi bei den alternativen Energien entstinn, ze kompenséieren an ze kompenséieren.

Dat ass eng schéi Saach, alternativ Energien, an da muss een nach Aschränkunge maachen! De Biogas stellt eng ganz Rei vun etheische Problemer. De Biomethan kann eventuell méi schiedlech sinn. De Verbrauch vu Liewensmëttel, fir Biogas ze produzéieren, ass ganz staark ëmstridden. Alles dat ass... Wandkraaftanlagen, d'Produktioun vu Wandkraaftanlagen ass extrem ëmweltschiedlech. Alles dat misst een emol an enger Gesamtbilanz vun den alternativen Energien och kucken.

Obscho mir eis selbstverständlech net dergéintstellen, fir se ze entwëckelen. Mä op jidde Fall muss mer et realistesch kucken! A mir mussen gesinn, datt eng Dekarboniséierung vun der Gesellschaft, wa mer vun 11% alternativ schwätzen, iwwerhaapt net denkbar ass! Well u sech ass et esou, datt mer weider an Europa

Kuel, Gas an nuklear Energie hunn, och wa mer alternativ Energie vläicht promouvéieren, wéi mer et solle maachen.

An da stellt sech d'Fro och, et ass haut nach net ugeschwat ginn, vun der Twinerg. Mir haten hei am Land eng grouss Energie-, eng Stroumproduktiounsinstallatioun op Basis vu Gas - dat ass am Vergläich zur Kuel eng propper Energiequell -, déi awer elo muss zoumaachen, well se um belsche Réseau houg an hei, fir dës Begrëffer, fir eist Land oder fir dee Betribsschema, dee fir Twinerg definéiert ginn ass, net méi produktiv war.

Dat heescht, mir hunn eng grouss Anlag hei, no Veianen déi zweetgréisst Produktiounsinstallatioun fir Stroum, déi maache mer zou, obschonn et eng vergläichsweis propper Energie ass, obscho se eng Versuergungssécherheet an deem Sënn hätt kënnen augmentéieren, well se um nationalen Territoire war. An awer gëtt hei, ouni vill driwwer ze diskutéieren, dat zougemaach. Et muss een hannerfroen, ob dat eng richtig Décisioun ass oder ob een hätt och kënnen aner Weeër goen.

D'Steierreform, fir domadder opzehalen, och do ass keng wierklech iwwerzeegend Politik vun der Regierung. D'Madamm Weber - ech wëll se hei zitieren - vum Mouvement écologique hat selwer gesot an engem Artikel elo kuerz, si géif zouginn, datt mer steierlech, an hiren Vue, net wäit komm wäeren, wat den Ëmweltschutz ugeet. Déi Abattementer fir ëmweltfrëndlech oder Nullemissiounsautoen, déi betreffen oder profitéieren haaptsächlech Leit, déi eben déi Suen hunn, fir iwwerhaapt esou vill kënnen ofzeschreibe vun enger Steierklärung.

Derbäi kënn, datt d'Produktioun vu Batterie fir esou Autoen och extrem ëmweltschiedlech ass. An de Stroum, mat deem se fueren, dee kënn jo och aus dem Stecker. Dat heescht, huele mer elo emol 11% alternativ Energien, da kommen nach ëmmer 89% aus karbonbaséierten Energiequellen oder aus nuklearen Energiequellen. Alles dat misst ee mat bedenken.

Mir plädéieren als ADR fir eng realistesch Approche an där ganzer Energiepolitik, ouni Ideologie, fir ze kucken, wéi mer kënnen déi Gasen, déi potenziell ëmweltschiedlech si fir d'Klima, fir d'Atmosphär, reduzéieren, awer vernënft, ouni Drock op d'Stéit auszeüben an andeem mer och déi ekonomesch Interesse vun eisen Entrepreneuren net vergiessen an e vernënftegen, rouege Wee ginn, och am Klimaschutz.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och. An d'Wuert huet dee leschte Riedner, den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Merci, Här President. Ech wäert mat engem Zitat ufänken. De franséische President, de François Hollande - et kënn seele vir, datt ech en zitieren -, sot: «Le plus grand danger n'est pas que notre but soit trop élevé et que nous le manquions, le plus grand danger est qu'il soit trop bas et que nous l'atteignons.» Esou hat hien am Kader vun der COP21 gesot. Dee Saz, dee kléngt gutt, mä d'Gefor ass wahrscheinlech éischter déi, datt den Objectif éischters ze niddreg ass an zweetens emol net erreecht gëtt.

Och wa mir als Lénk haut eis Zoustëmmung zu dësem Accord wäerten natierlech ginn, muss mer eis ëmmerhi relativ grouss Skepsis awer matdeelen. An ech mengen, et ass néideg, well et ass weëneg Skepsis haut matgedeelt ginn, vu mengem Virriedner ofgesinn, mä an enger anerer Richtung natierlech.

(**Interruptions**)

Wann ee schonn iwwerhaapt kuckt, et fänkt u vläicht bei der Symbolik, mä et war...

An eng aner Richtung! Et huet näischt mat enger Allianz ze dinn. Haalt op, esou Saachen ze soen! Ech hu ganz kloer... Firwat lauschtert Der net no? Lauschtert no!

(**Interruptions**)

An haalt op ze schwätzen, wann ech schwätzen, well dat stéiert mech e bëssen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Wann ech gelift! Wann ech gelift! Mir halen insgesamt mat deenen Dialogen op! A jiddweree riicht sech un d'Chamber!

(**Interruption**)

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Voilà. Jo, neen, mä dat..., bon!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Loosst lech net aus dem Konzept bréngen, Här Wagner!



► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- ...COP21.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech stinn hannerun lech.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Oder ech sëtzen hannerun lech.

(*Hilarité générale*)

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Dat ass eng Stärkt. Et ass eng Stärkt.

(*Brouhaha*)

Et fänkt u bei der Symbolik. Also et ass méi wéi eng Symbolik, wann ee scho kuckt zu Paräis bei der COP21, wat fir eng Sponsoren och derbäi waren, dorunner muss een awer erënneren: eng Partie Multien, grouss Betriber, déi deelweis Champion sinn an der Steierhannerzéiung - do gëtt et jo och en Zesammenhang -, wéi IKEA zum Beispill, oder awer och Entreprisé wéi ENGIE, déi Investier a fossillen Energie maaachen, oder souguer Fracking ënnerstëtzen, wéi Suez Environnement; sou heescht déi och nach, dat ass kee Witz! Dat nennt een am Prinzip och Greenwashing! Dat Ganzt ass natierlech och net innocent. An et dierf een och net vergiessen, datt vill ONGe jo och gefrot haten, fir iwwerhaapt déi Sponsoringskonventionen kennen ze gesinn. An dat krute se net ze gesinn.

Dann net ze schwätzen natierlech dervun - dat ass vläicht och reng symbolesch -, mä den Energiekommissar, den Här Cañete, deen och nach ganz enk mat der Uelechindustrie verbonden ass. Ech weess net, ob dat och nach ganz berouegend ka sinn.

Mä, Här President, et ass kee Pessimismus, ech mengen, et muss een och e bësse realistesch sinn. Mir musse vun der Illusioun ewechkommen, datt de Klima iergendwéi ze retten ass, ouni fundamental Ëmwälzung vum de politeschen an ökonomesche Strukturen.

An anere Wieder an ouni ronderëm de Bräi ze schwätzen: Et gëtt oft vun esou engem sogenannte „grénge Kapitalismus“ geschwat. Ech mengen, dat, wat beim grénge Kapitalismus sécher ass, dat ass, datt et Kapitalismus ass. Ob et gréng ass, dat ass eng aner Fro.

Ech géif mer och nach erlaben, den Hervé Kempf ze zitieren, dee kenne vläicht vill Leit vun lech, Journalist am „Monde“: «Le „capitalisme vert“, c'est la continuation d'un système qui dans son principe est destructeur de l'environnement et qui, dans sa dernière phase, s'est traduit par une expansion extraordinaire des inégalités. (...) C'est seulement une construction et un habillage idéologique pour faire croire que l'on peut évoluer par rapport à l'environnement sans changer les déterminants fondamentaux de nos régulations sociales, de notre système économique et de la répartition des pouvoirs dans cette société.»

D'Zerstéierung vum der Welt huet net als Ur-saach, datt deen een oder deen anere béisaarteg wier a sech e Spaass dorausser géif maaachen, d'Ëmwelt esou vill wéi méiglech ze verpeschten. Et huet mat engem System ze dinne, mat enger Weltwirtschaft ze dinne, déi ongebändegt ass an op Profittmaximierung berout.

An deser weltwäiter Tendenz zur Profittmaximierung organiséiert sech d'Welt esou, datt all Form vu Protektioun, sozial Protektionen an Ëmweltprotektionen, fir Profitter ze maaachen zerschloe ginn. Do gëtt et e gutt Beispill - oder vläicht besser gesot e schlecht Beispill a Wierklechkeet -, dat ass dat Zil, wat sech déi indesche Regierung...

Also et gëtt oft op d'Drëttweltlänner oder Entwëcklungsänner - Indien ass jo u sech e Schwelleland, a méi wéi dat - geklappt. Mä 2014 hat déi indesche Regierung sech jo och en Zil gesat, wat ganz ambitieus war a Saache Solar-energie, fir bis am Joer 2022 100 Gigawatt kënnen ze produzéieren u Solarenergie, dat heescht, méi wéi Industriatione wéi Däitschland, China, Japan an d'USA zesummen.

De Projet hat natierlech en Ëmweltzil, mä en hat natierlech och en anert Zil, dat ass, fir d'lokal Wirtschaft ze ënnerstëtzen. Dat heescht, datt Indien och Regele festgehalen huet, fir den Import vu fotovoltaesche Modullen an Zelle kënnen ze limitieren.

Wat ass du geschitt? D'US-Regierung ass virun den Organe de règlement des différends vun der OMC gaangen, also d'Schiedsgericht vun der OMC, a krut och Gain de cause. Ganz einfach, well laut gewëssenen internationale Regelung vum „fräien Handel“, wéi dat esou

schéin heescht, et do gewësse Mesurë ginn, fir d'Protektioun vu lokalen oder nationale Präferenzen ze verbidden. Bon.

Et muss een awer och soen, duerno ass Indien nach an Appell gaangen. A souwäit ech weess, ass dat nach net ganz gesprach. Et ass een nach gespaant ze kucken, a wat fir eng Richtung et kéint goen. Mä et gouf vill Zäit verluer. Datselwecht ass och geschitt a Kanada, am Stat Ontario, deen och e Projet hat fir erneierbar Energien. An dee gouf och duerch déiselwecht Prozedur gebremst.

De Problem ass, et geet net nëmmen ëm d'USA. D'EU kann och deelweis eng néfaste Roll spillen. Mir hunn dat och. An ech mengen, d'ONG Corporate Europe Observatory huet an deem Sënn viru Kuerzem am Kader vun de Verhandlungen en EU-Dokument leaked, dat u sech seet... Ech hunn et hei op Englesch stoen, mä ech mengen, dat gëtt vill ze vill grulech, wann ech ufänken, elo op Englesch ze zitieren. Ech weess emol net, ob et legal ass, ob een hei dierf Englesch schwätzen. Ech menge schonn. Mä wann ech iwwerhaapt Englesch schwätzen, dann ass et och net legal, well et ass grausam. Mä dat seet en gros, datt u sech d'Handelspolitik net soll tangiert ginn an datt d'EU-Doktrinn net soll tangiert gi bei de Verhandlungen. Dat heescht u sech, datt Handelsziler virrangeg si virun Ëmweltziler oder sozialen Ziler.

Ech mengen, dat ass awer och e Problem, dee mer do hunn! Wann et der Industrie no géif goen, wéi ech an engem Artikel gelies hat, fir de fräien Handel iwwerhaapt nach kënnen ze retten, da kéint d'Welt eemol, zweemol, dräimol stierwen, Haptsaach de fräien Handel ass geséichert!

Mir hunn en anere Problem och, an dat ass dee vum siwentgréissten Exportateur vum Karbon, deen och aus dem Accord ausgeschloss ass. Dat ass net Japan, dat ass net Frankräich, et ass net Däitschland, et ass emol am Fong geholl kee Land, mä et ass d'Aviation. Well den Impakt vum der Aviation, deen ass esou héich wéi dee vun den 129 Länner, déi am mannsten Emissionen ausstoussen. An d'Lobby vun der Aviation huet et natierlech fäidegbruecht, sech aus deem Accord erauszeklammern. U sech d'Schëffahrt am Prinzip jo och.

Deen Dossier, dee gëtt natierlech da virun d'UNO, virun den zoustännegen Organismus, d'Organisation de l'aviation civile internationale vun der UNO, verlagert. Do sëtzen Transportministeren, déi am Prinzip jo éischer méi favorabel sinn - on va dire - fir d'Aviation. Vläicht ass et hei zu Lëtzebuerg eng Ausnam, ech ginn dovunner aus vläicht. Mä et muss een dovunner ausgoen, datt et do ganz anescht gehandelt gëtt, zemoos wann ee weess, datt d'Fligerei grad amgaangen ass ze boomen. Ech mengen, do gëtt et och e Rapport vum Centre for Aviation, dee virgesinn huet, datt bis deemnächst 2.500 nei Flughäfer weltwäit wäerte geplangt ginn a 441 Milliarden Euro (veuille lire: Dollar) och nach investiert wäerte ginn.

Elo ass en Accord fonnt ginn ufanks Oktober, fir dat ze regulieren, mä natierlech am Kader vun deem faméise CORSIA, also deem Carbon Offsetting and Reduction Scheme for International Aviation. An dat ass erëm dee klassesche Kompensatiounssystem am Kader vun engem maartorientierten Emissionshandelsmechanismus, deen total ënnerstëtzt gëtt vun de Fluchkompanien an u sech och vun der IATA, also dem Daachverband vun de Fluchgesellschaften, quasi ausgeschafft gouf. Dat heescht, mir hunn do op deem Niveau och e Problem.

Ech mengen - Här President, ech si schonn elo gläich färdig, ech hunn nach just 30 Sekunden, fir ze schwätzen -, Dir hutt scho meng Message richteg verstanen. Mir ënnerstëtzen dat a mir wäerten dat heiten, deen Accord, och ratifizieren. Mir sinn och gespaant ze kucken, wéi deemnächst och den Aktionsplang vun der Regierung wäert ausgesinn. Vun der Regierung, vusaite vun der Regierung gouf och scho monéiert, datt mer am Kader vun der Steuerreform ganz vill Efforte géife maaachen. Ech mengen, do misst een awer eendeiteg méi ambitieus sinn!

Ech wéilt och nach d'Fro stellen, déi den Här Schank virdru gestallt huet, iwwert d'Etüd wat den Tanktourismus ugeet. Ech mengen, dat ass relativ wichteg.

Mä ech mengen, de Message ass och deen, an dee riicht sech net nëmmen un d'Chamber oder un d'Regierung, a sécherlech net un d'Industrie, mä och un d'Bierger an d'ONGen an d'Zivilgesellschaft, an ech mengen, déi hunn dat och richteg verstanen: Et ass eng Illusioun ze mengen - mengen ech! -, et ass eng Illusioun ze mengen, datt mer wierklech de Klima kënnen retten zesumme mat der Groussindustrie, well dat sinn net déiselwecht Interessen! An ech mengen, et ass e Kampf, deen ee muss féieren. An déi meescht ONGen, déi féieren e Kampf géint d'Groussindustrie. Datt d'Regie-

runge vläicht en anere Wee mussen aschloen, ass eng aner Saach.

Mä vläicht dierf een net vergiessen - et dierf ee sech net der Illusioun hignn -, datt mer dee Kampf net wäerten zesumme mat der Pétrolindustrie gewannen, zesumme mat der Fluchindustrie gewannen, zesumme mat verschidene Multie wäerte gewannen, mä géint si. An dat ass och en Appell un d'Zivilgesellschaft, déi dat scho längstens verstanen huet.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement*.- Här President, Dir Dammen an Härren Deputéiert, als Alleréisch emol e ganz grouse Merci fir déi engagéiert Rieden haut de Mëtteg, fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun, déi gutt Zesummenaarbecht op allen Niveauen, wat desen Accord an d'Radifizierung ugeet.

Et ass - a vill vun lech hunn et gesot - deen éischte weltwäit legal bindenden Accord, dee mer ratifizieren; eng politesch Äntwert, déi weist, dass mer kënnen agieren, wann et sech ëm e globalen Défi handelt, deen a sech eng Bedrohung ass net nëmme fir zukünftige Generationen, mä eng Bedrohung och haut fir d'Stabilitéit, d'politesch Stabilitéit, fir eis Ekonomien, virun allem awer fir eise Liewensraum an dee vun eise Kanner. An dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer dese Kampf géint de Klimawandel zesummen ugin, dass mer eis gemeinsam dat Zil ginn, wat mer eis am Paräiser Accord ginn hunn: D'Aerderwärmung op maximal 2 Grad ze begrenzen an all Efforten ze maaachen, bei 1,5 Grad stoen ze bleiwen.

Dass dat net einfach gëtt, dat wouste mer ëmmer, dass mer dofir en dynameschen Accord bräichten, mat Fënnfjoreszyklen, eng Äntwert op verschide Froen, wou mer no an no eis Reduktiounen kënnen eropschrauwen, esou wéi mer et haut scho gesinn an Europa, wou mer eis fir 2020 20% virgeholl haten, wou mer haut schonn op 24% Reduktiounen sinn, wou mer eigentlech méi maache wéi dat, wat mer eis virgeholl hunn. An dat weist och, dass mer capabel sinn ze wuessen, eis ze entwëckelen als Länner, gutt Aarbechtsplazen ze kreieren an ze entkoppelen, also ze reduzéieren, eis Emissionen ziler ze erreechen. An dat weist och déi breet Ennerstëtzung, déi mer haut de Mëtteg hei gesinn hunn.

Et geet also net drëm: Pake mer et un? Et geet drëm: Wéi kréie mer et hin, méiglechst schnell des Ziler zesummen ze erreechen a jiddwereen derbäizehunn? An do hat den Här Schank mer eng éischt Fro gestallt an déi well ech dann natierlech och direkt beäntweren: Wéini kënnt dann elo deen drëtten Aktionsplang?

Ma deen drëtten Aktionsplang... An dofir sinn déi zwou Aussoe vläicht fir lech à ce stade nach e bësse konträr, si sinn et awer guer net. Ech hunn den CSDD beoptragt, also de Conseil supérieur pour un développement durable, eng Evaluation ze maache vun deem, wat d'Chamber d'lescht Joer hei geschafft huet, den IZES-Rapport an dat, wat hei a sëllesche Sëtzung gemaach ginn ass, an dat a Verbindung mat engem zweeten Avis, wou et drëm geet, wéi setze mer d'Agenda 2030 ëm, an do e partizipative Prozess ze maaachen.

A mir wäerten eng Evaluation bis Enn des Joers hoffentlech virliehn hunn, fir en drëtten Aktionsplang am Laf vum éischte Semester d'nächst Joer zesummen ze erschaffen. Well et geet, an dat hunn der vill hei gesot, net drëm, dass eleng d'Politik, d'Chamber an d'Regierung dat maaachen, dass d'Gemengen dat maaachen, neen, et geet och drëm, dass mer d'Ekonomie mathuelen, dass mer d'Société civile, d'ONGe mathuelen, dass jiddwereen do derbäi ass. Well mir packen déi minus 40%, déi mer eis als Zil gesat hunn, nëmmen, wa jiddwereen derbäi ass.

Dofir hoffen ech, dass dat heiten elo op déi Fro vum Här Wagner a vum Här Schank äntwert. Mir kucken hei, d'Evaluation ze maaachen. An och den Här Negri hat dat gefrot: evaluieren an dann e Plang opstellen, deen déi eenzel Secteuren eenzel oplësch, fir dass mer eng gutt an eng gutt gelangten Aart a Weis hunn, fir virzegoen, wou all Secteur säin Apport da wäert bréngen.

Den Accord de Paris setzt de gemeinsame Kader ab 2020, wéi mer wëlle virgoen. An ech mengen, dass ee Geheimnis, firwat mer zu deem Accord komm sinn a firwat bis op haut scho 76 Parteien do derbäi sinn, d'Geheimnis ass, dass dat zesummen erschafft gëtt, dass jiddweree seng Kontribution op den Dësch gluecht huet. An dat beäntwert eng Fro, déi och gestallt ginn ass. Et hunn elo scho 76 Par-

tië gesot, dass se matmaachen. An dat wäert natierlech d'Fro vum Leakage, vum Eppes-Fort-huelen absolutement reduzéieren, vu dass elo schonn déi grouss Nationen, déi bis ewell net aktiv waren, wéi d'USA, wéi China, wéi Indien, alleguerten elo schonn derbäi sinn.

Dofir ass et batter néideg, dass mer net nëmmen als EU eis de Moyen ginn hunn duerch eng unanime Décisioun. An dat war keng Hannerdier! Mir hunn all zesumme beschloss, dass mer des Kéier de Radifizierungsprozess virzéien, ier déi eenzel Länner ratifiziert hunn. Normalerweis hätt jiddweree solle ratifiziert hunn, da wäre mer zesummen dohigaangen. Des Kéier ware mer unanime eis der Verantwortung bewosst, dass mer nimm kredibel sinn an nëmmen um Dësch vun de Verhandlungen wäerte sëtzen, wa mer elo accélériert als EU ratifizieren, well et geet dodrëm, dass mer e Partner um Verhandlungsdësch an der nächster COP wëlle sinn. An ech mengen, et wär eng absolutt Blamage fir d'EU gewiescht, wa mer dat net gemaach hätten.

A fir eis politesch ofzesécheren, wëll ech awer nach soen. Déi, déi an der Chamberskommission waren, déi hunn de Statement, dee politesche Statement vun de Memberstate gesinn, dee mer och unanime ugeholl hunn, wou nach eng Kéier de Rôle vun de Parlamenten, déi enorm wichtig si bei der Radifizierung, ënnerstrach gëtt. Dat war keng Hannerdier. Dat war einfach eng politesch Äntwert op eppes, wat absolut néideg war, an zwar, dass Europa mat am Lead bleift, wann et ëm d'Klimapolitické geet!

Dofir freeën ech mech, dass mir haut dee Schrëtt maaachen, deen a sech an Europa schonn Däitschland, Frankräich, Eisträich, Portugal, Polen an déi jëtzege Présidence, d'Slowaken, an och déi kommend Présidence, Malta, gemaach hunn. Dat weist, dass déi, déi an dem Présidencemodus sinn, dass déi, déi an der Responsabilitéit sinn, dass déi, déi amgaange sinn, dat aktiv unzepaken, alleguerten hir Ambitioun hunn, do derbäi ze sinn.

Da wëll ech awer nach kuerz op Lëtzebuerg agoen. Jo, déi minus 40, dat ass e groussen Défi, awer mir kënnen dat packen! Mir hu jo net gewart, a mäi Virgänger weess dat jo och, mat de Klimapoliticken, bis deen Accord vu Paräis koum! Mir hu vill geschafft. Awer den Ennerscheid ass haut: Mir hunn net nëmmen de Klimapakt fir eis Gemengen, deen e supert Instrument ass, dee mer weiterentwëckelt hunn, mir hu Konventionen gemaach mat CELL, fir d'Bierger mat eranzekreien, mat IMS, fir déi kleng Betriber mat eranzekreien. Mir hunn de Paquet weiterentwëckelt.

Neen, a mir hunn net nëmmen d'Effizienz am Wunnensbau! Neen, mir gesinn och ganz konkret, zum Beispill bei den Aiden, déi mer un d'Leit ginn, bei der PRIME House, do gesi mer net nëmmen, dass mer méi ausbezuelen, mir gesinn och, dass d'Dossieren innerhalb vun engem Mount traitéiert ginn. Virdru waren dat, wéi mir an de Ministère komm sinn, 14 bis 18 Méint. Haut gëtt et ee bis véier Méint an da kréien d'Leit hiert Geld! Well mer wëllen, dass d'Leit all matmaachen! Well mer wëlle konkret beweisen, dass mer dat kënnen maaachen!

Och an der Fotovoltaik hu mer vill Dossieren deblockiert. Dir gesitt et, wann Der speziell duerch den Norde vum Land fuert, dass do einfach ganz vill dran ass an dass mer eis Ziler kënnen erreechen, wa mer se konkret ugin. An dat net eleng am Ëmweltministère, dat zesumme mat alle Partner an deser Regierung. Zum Beispill an engem Prozess wéi dem Rifkin, wou mer eis wierklech Gedanke maaachen: Wéi wëlle mer d'Ekonomie dann herno opstellen, wou jiddwereen derbäi ass? Zum Beispill an Zesummenaarbecht mam Transport, wou mer e Paradigmewissel hunn: Zwee Drëtzel ginn an d'ëffentlech Mobilitéit, an d'duuss Mobilitéit.

A jo, mir brauchen eng Dekarboniséierung! An do brauche mer och den europäesche Volet. An dofir ënnerstëtze mer och, dass och um europäesche Plang vill iwwer Mobilitéit geschwat gëtt. An ech mengen, ënner Lëtzebuerger Présidence ass zum Beispill den Thema „duuss Mobilitéit“ fir d'Éischt um Niveau vun den Transportministeren opkomm.

Jo, an och do musse mer éierlech sinn, a mir sinn am Moment amgaangen, an dat wäert esou muncher vun lech wonnen, mir sinn am Moment tatsächlech amgaangen, en Termin auszemaache fir d'Tanktourismusetüd. An déi wäert am November presentéiert ginn.

À propos Transport: Jo, et kann een elo de Beschloss vun der ICAO kritisieren. Et kann een awer och soen: Et ass en éischte Schrëtt an eng Richtung. An elo musse mer weiderschaffen! Well wien hat viru Paräis geduecht - do waren d'Europäer déi Eenzeg, déi Transport a Schëffahrt wollten! -, wien hätt geduecht, dass mer net emol e Joer méi spët um weltwäiten Niveau éischt Aktiounen géife gesinn?



Kommt, mir schaffe konstruktiv weider, well dat ass de Wee: de Leit Mutt maachen! Dass mer och e Koup Benefisseren hunn: beim Transport, dass mer eng besser Loftqualitéit, manner Stress hunn, manner Geräischer; beim Hausbau, dass mer manner Energie verschwenden, méi hei op d'lokal Betriber setzen, dass mer eist wirtschaftlecht Potenzial do ausnotzen, wou mer et hunn. Mir hu wéineg Ressourcen. Firwat schaffe mer net méi an der Kreeslafwirtschaft? Och dat maache mer iwwregens op enger flotter Plattform mat der Ekonomie. Ech kéint elo esou weiderfueren.

Ech kann och d'Steierreform uschwätzen. Jo, verschidde Leit geet dat net wäit genuch! Awer mir hu konkret eng Aktioun - an dat beäntwert och dem Här Negri seng Fro -, fir eben net nëmmen emissiounsarm, do huele mer och den Diesel mat an dee Gedankegang eran. Well mir wëllen nieft den Ureizer am Loftqualitéitsplang natierlech och konkret Mesuren - e Loftqualitéitsplang, dat wësst Der, kënnt Enn des Joers -, konkret Mesurë maachen. Eng dovun ass d'Steierreform!

Jo, verschidde Leit geet et net wäit genuch. Ech mengen, dass den Ennerscheid ass, dass hei d'ganz Regierung matupéckt, souwuel wann et drëm geet, fir de Ratifizierungsprozess no vir ze dreihen, wéi och, wann et drëm geet, am Ausland wierklech kohärent Klimapoliticken ze verrieden an och déi falsch Léisungen, déi och erwänt gi sinn - wéi Atomenergie -, ganz kohärent ëmmer erëm un de Pranger ze stellen an ze soen: Neen, mir erreechen d'Klimaziler just mat der erneierbarer Energie an Effizienz! An och do, mengen ech, dass mer liwweren.

Nach e Wuert zu de Finanzen. Jo, Lëtzebuerg gesäit hei och Benefisser an deem Beräich, well mer eng Finanzindustrie hunn, déi eigentlech gutt opgestallt ass. Dofir hate mer dëst Joer eng Journée boursière, déi am Kader vun den „green bonds“ stoung. Dofir gëtt et bei LuxFLAG mëtlerweil e Klimalabel. Ech mengen, dass de Finanzsektor längst erkannt huet, dass mer kënne gutt Aktiounen maachen an dass déi Fongen, déi haut schonn hei sinn, déi an d'erneierbar Energie investéieren, dass mer do sollte weider dru schaffen. Mir hunn eis Responsabilitéit als Regierung an dat sollte mer jo maachen.

Wann een international wëllt kredibel sinn, da muss een och d'Responsabilitéit vun der internationaler Klimafinanzéierung, déi an deem drëtten Zil vum Paräiser Accord mat dran ass, dass mer mussen d'Finanzflëss kompatibel maache mat enger CO₂-neutraler Welt, da musse mer och dat eescht huelen, da musse mer eiser Responsabilitéit eng Äntwert ginn. D'Lëtzebuerger Regierung huet sech engagéiert, scho viru Paräis, dass mer wëllen déi 120 Milliounen bis 2020 erreechen an dass mer dat och als eise faire Part uginn.

Ech mengen, dass et hei drëm geet, responsabel Politicken ze maachen, gerecht Politicken. De Paräiser Accord ass en transformative Kader, deem nei ökonomesch Modeller promouvéiert an dee fir méi Gerechtegkeet suert a fir méi Fairness op der Welt an deem an Endeffekt näischt aneschtens mécht, wéi eis Liewensqualitéit ze erhalen. An dofir sinn ech frou, dass mer dese Schrëtt haut ginn, dass d'Lëtzebuerger Politik sech där Verantwortung bewusst ass an dass mer alleguerten haut, wéi de Max et sot, „Faarf bekennen“ an eis zum Paräiser Accord bekennen.

Ech soen Iech op jidde Fall e ganz grouse Merci fir déi gutt an déi schnell Kooperatioun. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Minister.

A mir géifen dann elo iwwergoen zur Ofstëmmung iwwert deem „transformative Kader“ vum Projet de loi 7059.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7059 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Bei deem historesche Vott verseet elo hei den Apparat!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - 59 hunn ech der. An ech ginn dann dovun aus, dass mer déi 60. Stëmm och hunn; déi kënnt da vum Här Bodry.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Rio applaudiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Ofstëmmung ass eriwwer mat 59-mol Jo, laut mengem Schiirm. Doraus ginn da wahrscheinlech 60 Jo, wa mer de Bulletin de vote hunn. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7059 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch

(par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler (par M. Gusty Graas), Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?


(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Muer hu mer Rendez-vous um zwou Auer.

D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 18.34 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Heure de questions au Gouvernement

Question n°215 du 11 octobre 2016 de M. André Bauler relative à la prévention des risques psycho-sociaux au travail, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et à M. le Ministre de la Sécurité sociale

- M. André Bauler - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

Question n°216 du 12 octobre 2016 de Mme Diane Adehm relative à la circulaire n°3393 envoyée aux communes début août 2016, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- Mme Diane Adehm - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur (intervention de M. Gast Gibéryen)

Question n°217 du 11 octobre 2016 de Mme Cécile Hemmen relative au programme européen en faveur de la consommation de fruits à l'école «Fruit4School», adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- Mme Cécile Hemmen - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

Question n°218 du 12 octobre 2016 de M. Fernand Kartheiser relative à la reconnaissance de la langue luxembourgeoise comme langue officielle de l'Union européenne, adressée à M. le Premier Ministre et à M. le Ministre de la Culture

- M. Fernand Kartheiser - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre de la Culture

Question n°219 du 11 octobre 2016 de M. Claude Adam relative à la mise en place du dispositif d'assurance qualité dans les services d'éducation non formelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- M. Claude Adam - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°220 du 12 octobre 2016 de M. Marco Schank relative à la mise en place du système européen de contrôle des trains (ETCS) au niveau du trafic transfrontalier, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- M. Marco Schank - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question n°221 du 11 octobre 2016 de M. Alexander Krieps relative aux frais de gestion pour le timbre «Droit de chancellerie» facturé par la Société nationale de circulation automobile lors de l'immatriculation d'un véhicule routier, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- M. Alexander Krieps - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question n°222 du 11 octobre 2016 de Mme Taina Bofferding relative à l'introduction éventuelle de la gratuité des livres scolaires pour les élèves de l'enseignement postprimaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Mme Taina Bofferding - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°223 du 12 octobre 2016 de M. Max Hahn relative au cadastre des vents au Luxembourg, adressée à M. le Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures

- M. Max Hahn - M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures

Question n°224 du 11 octobre 2016 de Mme Cécile Hemmen relative à la disponibilité sur le territoire national de bornes de recharge pour véhicules électriques, adressée à M. le Ministre de l'Économie

- Mme Cécile Hemmen - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

3. 7063 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

- Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché (dépôt d'une motion)

- Débat: M. Aly Kaes (interventions de M. Claude Adam et M. Frank Arndt), M. Roger Negri, M. Henri Kox, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen (intervention de M. Claude Haagen)

- Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

4. 6894 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 3 de la Constitution

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

- Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Alex Bodry

- Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, Mme Simone Beissel, M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Marc Baum

- Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (intervention de M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie)

- Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution

5. 6941 - Projet de loi prévoyant une procédure d'information dans le domaine des réglementations techniques et des règles relatives aux services de la société de l'information

- Rapport de la Commission de l'Économie: M. Claude Haagen

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia

- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)